2/2024



# Ripevusch

RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

# Ripevusch

**Coverfoto** Jil Peiffer
**Relecture** Merci dem Gaby Pavant
**Layout, Conception** Apart Design Studio
**Impression** Imprimerie reka
**Tirage** 950 exemplaires

**ISSN 3028-8177**

**Redaktiounsschluss**
fir den Ripevusch 3/2024
ass den 31. Oktober 2024

**Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu**

Das Kopieren oder Extrahieren von Text- oder Bildmaterial ohne entsprechende Genehmigung ist strengstens untersagt.

La copie ou l'extraction de textes ou d'images sans autorisation correspondante est strictement interdite.



# An dëser Ausgab


| | |
|---|---|
| Virwuert | 06 |
| Aus der Gemeng | 08 |
| Aus der Maison Relais | 31 |
| Dat si mir | 36 |
| Vu Fréier | 66 |
| Kanton Wëlle Weste | 68 |
| Gutt ze wëssen | 75 |
| Save the date | 80 |
| Telefonsbuch | 83 |




Aus der Gemeng:
Do wou geschafft gëtt

Dat si mir:
Pompjeesfrënn




Aus der Maison Relais:
Bëschdag





Vu Fréier:
Katrin Theis



Weekend vum
Wëlle Westen

# Eis Dierfer liewen!

Et ass absolutt nit iwwerdriwwen ze behaapten, dass eis Gemeng mat hire 4 Dierfer gutt gefouert Veräiner huet, déi alles dru setzen, fir dass eis Biergerinnen a Bierger eng breetgefächert Offer vu kulturellen, reliéisen a sportlichen Evenementer kënnen ugebuede kréien.

De Kalenner vun deene leschte Méint war méi wéi gutt gefëllt mat Galaconcert vun der Harmonie, Kiermes zu Schandel, Jugendfussballcamp, Europawale mat Apero, Mëttelalterfest, Nationalfeierdag, Weekend vum Wëlle Westen, Trëppeltour nom Bësch un den Dësch zu Rippweiler, Ofschlossconcert op der Tit Schréider-Plaz, Duckrace zu Iewerleng, Open-Air Festival vum CDJ, Christophorusfeier zu Schandel, Dollarmatti mat Visitt vun der Buerg, Grottefeier zu Rippweiler an... warscheinlich hunn ech nach déi eng oder aner Manifestatioun vergiess.

## „De Buergermeeschter mam Schäffen- a Gemengerot huet sech héich Ziler gesat a weess, dass muss geliwwert ginn...“

An an dëser Editioun vum Ripevusch versiche mer erëm mat schéine Fotoen a Biller dës Evenementer nach emol Revue passéieren ze loossen.

An dobäi stelle mer fest, dass d’Zuel vun den Aktiven zouhëlt, dass all Manifestatioune ganz gutt besicht sinn an dass domat automatisch d’Zesummeliewen an eise schéinen Dierfer geférdert gëtt.

An dat maache mer och um politesche Plang, wou d’Gemeng de 26. Juni a Präsenz vum Familljeminister Max Hahn deen neie Pakt vum Zesummeliewe feierlech ënnerschriwwen huet.

Doduerch komme mer automatisch och an de Genoss vu finanzielle Mëttelen, déi alle Gemengen aus dem Kanton Réiden mat Mertzig et erlaben, méi professionell an dësem Beräich ze schaffen.

Mam Christiane Harpes si mer iwwerdeems och nach am Conseil supérieur national vum Vivre ensemble exzellent vertruede ginn.

Op der DEA konnt de Bureau gläich 2 Ministeren – den Innenminister Léon Gloden an den Ëmweltminister Serge Wilmes – empfänken, déi bass erstaunt waren, wéi gutt dëse Syndikat opgestallt ass a wéi effikass e funktionéiert.

Och de Kulturminister Eric Thill an d'Landwirtschaftsministerin Martine Hansen haten et sech nit huele gelooss, bei der Ouvertür vum Weekend vum Wëlle Westen op der Buerg den 29. Juni derbäi ze sinn!

Eis Gemeng huet sech a ville Beräicher ganz positiv entwéckelt an d'Echoen aus allen Ecker vum Land si schonns méi wéi schmeechelhaft...

Mee dat fuerdert eis awer och op, weiderhin deen Image ze fleegen an eis, wéi kéint et aneschters sinn, nach ze verbesseren!

De Buergermeeschter mam Schäffen- a Gemengerot huet sech héich Ziler gesat a weess, dass muss geliwwert ginn...

D'Decisioun, fir eist Gesondheetshaus ze bauen, war déi richtig a vill Beruffer kommen do ënnerdaach!

Op eisen Opruff bei deene verschiddene Gesondheetsvertriedungen, krute mer d'Zousoe vun engem Laboratoire, engem Dokter, engem Kiné, enger Ergotherapeutin, enger Psychotherapeutin an enger Psychologin, an domat ass dat Haus och scho besat, ier et gebaut ass...

Am Haus Traufler wëlle mer nach ee klenge Commerce ënnerdaach kréien an d'Pläng vum Ëmbau vum Paschtoueschhaus sinn och schonns esou gutt wéi färdeg.

An eiser Gemeng dréint also alles ronn an deen neie Conseil steet voll a ganz hannert deene verschiddene Projeten.

Dass mer esou gutt virukommen, ass natierlech och hire Verdéngscht an ech weess, dass mer all zesummen nach vill wëllen ëmsetzen!

Eise Chantier fir deen neie Kanal um Footballterrain ass och gestart a mir hoffe bei dréchenem Wieder, nom Kollektivcongé, gutt virunzekommen.

Dës Baustell, fir déi de SIDERO zoustännig ass, wäert eis an der Garerstrooss nach eng Zäitche Misär maachen. Mee do musse mer derduerch.

Eis Kanalisatioun muss nun emol onbedingt op deem schwierigen Abschnitt ersat ginn, mee mir hunn et awer fäerdegbruecht, dass d'Strooss ganz opbleift an dass se zur Atert hin doduerch awer mat stole Pieuxe muss gestäipt ginn.

Ech schléissen nit aus, dass wärend der Bauphas zäiteweis den Trafick awer nach mat Luuchte muss gereegelt ginn.

Dat alles wäert eis awer 2025 méi beschäftigen; fir d'éischt muss emol d'Pompelstatioun um Footballterrain an enger beachtlicher Déift gebaut ginn.

An dëser Gemeng gëtt et also kee Stëllstand an d'Aarbecht bleift eis erhalen; wéi kéint et aneschters sinn...

Weltpolitisch gesinn, steiere mer leider op eng geféierlech Sécherheetslag hin. D'Walen an Amerika ginn hoffentlich gutt aus, mee d'Entwécklung vun de Kricher an der Ukrain an am Noen Oste soen eis näischt Guddes viraus.


Mir sollen eis also Suerge maachen iwwert de Fridden an der Welt, iwwert eis Zukunft, mee virun allem déi vun eise Kanner a Kandskanner.


D'Suerg no engem Daach iwwert dem Kapp fir jiddereen, d'Suerg fir eng geséchert Aarbechtsplaz, d'Suerg ëm d'Ursaach vun deenen ëmmer méi heefig optriedenden Naturkatastrophen – och an eise Regiounen – an de Wonsch vun engem friddlichen Zesummeliewen op der ganzer Welt, wäerten eis nit esou schnell lassloossen.

An als Gemengeresponsabel wäerte mer alles dru setzen, fir mat eise bescheidene Mëttelen deem entgéintzewierken!

Mir freeën eis mat Iech all op eng gutt Schoulrentrée an ee faarwigen Hierscht, deen eis schéi Gemeng a seng wonnerbar Landschaft esou richtig zur Geltung komme léisst

**Äre Buergermeeschter**





# Aus dem Gemengerot

## 17 mai 2024

**1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 22 mars 2024.**

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du 22 mars 2024.

**2. Etat des restants.**

L'état des restants de l'exercice 2023 est approuvé à l'unanimité. Monsieur le Bourgmestre remercie Madame Tessy Anen, receveuse communale pour son travail exemplaire.

**3. Approbation d'un compromis d'échange.**

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve un compromis d'échange entre la commune et Monsieur Guy Frank, demeurant à Rippweiler.

**4. Approbation de titres de recette.**

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve des titres de recette pour un total de 18.781,00.-€ au service extraordinaire et 8.113.872,93.-€ au service ordinaire du budget communal d'Useldange.

**5. Fixation des aides communales pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement.**

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve des aides communales pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement comme suit :

**Article 1 : Objet**
Le présent règlement communal a pour objet de promouvoir la construction et l'habitat durable de même que la rénovation énergétique durable de logements anciens. A cette fin, il est créé un régime d'aides financières communales complémentaire dans le domaine du logement pour la réalisation de projets d'investissement qui ont pour but la planification et la construction de logements durables, la rénovation énergétique durable de logements anciens et la mise en valeur des sources d'énergie renouvelables pour les logements situés sur le territoire de la commune d'Useldange ;

**Article 2 : Définitions**
Pour l'application du présent règlement communal, l'on entend par :

1. « demandeur » : Toute personne physique qui est propriétaire légitime d'un logement pour son propre compte sur le territoire de la commune d'Useldange et bénéficiaire d'une aide financière étatique au sens de l'article 2 de la loi modifiée du 23 décembre 2016 ;
2. « logement ou logement durable » : Tout bâtiment situé sur le territoire de la commune d'Useldange constituant un logement ou logement durable tel que défini à l'article 2 de la loi modifiée du 23 décembre 2016.

**Article 3 : Conditions d'éligibilité**
Le demandeur doit avoir obtenu l'accord pour une aide financière de l'État conformément à la loi modifiée

du 23 décembre 2016. Les éléments subventionnés dans le présent règlement communal doivent répondre aux critères et exigences énoncés dans le règlement grand-ducal du 7 avril 2022 et ses annexes I et II. Le calcul des aides financières communales est précisé dans les articles suivants. Les pourcentages de l'aide financière communale doivent toujours être considérés par rapport aux aides financières de l'État avec les éventuels bonus compris.

**Article 4 : Assainissement énergétique durable**
Pour l'assainissement énergétique durable selon l'article 4 de la loi modifiée du 23 décembre 2016 et correspondant aux exigences de l'article 1 du règlement grand-ducal du 7 avril 2022 et ses annexes I et II, l'aide financière communale est calculée comme suit : (voir tableau « Assainissement énergétique durable »)

**Article 5 : Installations techniques valorisant les sources d'énergie renouvelables**
Pour les installations techniques valorisant les sources d'énergie renouvelables selon l'article 5 de la loi modifiée du 23 décembre 2016 et correspondant aux exigences des articles 2, 3, 4, 5, 6 du règlement grand-ducal du 7 avril 2022 et ses annexes I et II, l'aide financière communale est calculée comme suit : (voir tableau « Installations techniques valorisant les sources d'énergie renouvelables »)

**Article 6 : Conseil en énergie**
Pour la prestation de services conseil en énergie selon l'article 6 de la loi modifiée du 23 décembre 2016 et correspondant aux exigences de l'article 7 du règlement grand-ducal du 7 avril 2022 et ses annexes I et II, l'aide communale est calculée comme suit : (voir tableau « Installations techniques valorisant les sources d'énergie renouvelables »)

**Assainissement énergétique durable**

| | Désignation de l'élément assaini | Pourcentage de l'aide financière (y inclus le bonus) accordée par l'Etat | Montant maximal de l'aide communale pour une maison unifamiliale et plurifamiliale |
|---|---|---|---|
| 1 | Mur extérieur (isolé du côté extérieur) | 25% | 3.000 € |
| 2 | Mur extérieur (isolé du côté intérieur ou côté intérieur combinée avec une isolation du côté extérieur) | 25% | 3.000 € |
| 3 | Toiture inclinée ou plate | 25% | 3.000 € |
| 4 | Mur contre sol ou zone non chauffée | 25% | 3.000 € |
| 5 | Dalle supérieur contre zone non chauffée | 25% | 3.000 € |
| 6 | Dalle inférieure contre zone non chauffée ou sol | 25% | 3.000 € |
| 7 | Fenêtre et portes-fenêtres | 25% | 3.000 € |

**Installations techniques valorisant les sources d'énergie renouvelables**

| | Désignation de l'installation technique concernée | Pourcentage de l'aide financière (y inclus le bonus) accordée par l'Etat | Montant maximal de l'aide communale pour une maison unifamiliale et plurifamiliale |
|---|---|---|---|
| 1 | Installations solaires photovoltaïques | 50% | 2.000 € |
| 2 | Installations solaires thermiques | 50% | 1.750 € |
| 3 | Installations solaires thermiques avec un appoint du chauffage | 50% | 2.500 € |
| 4 | Pompes à chaleur *2 | 50% | 2.000 € |
| 5 | Les chaudières à bois et les filtres à particules *2 | 50% | 2.000 € |

**2 Condition d'octroi : Remplacement d'une chaudière alimentée en combustible fossile, d'un chauffage électrique direct ou d'un chauffage électrique à accumulation ; l'année de construction de la chaudière ou du chauffage électrique remplacé doit être antérieure d'au moins 10 ans par rapport à l'année de dépôt de la demande d'aide financière ; le chauffage électrique remplacé doit avoir servi comme source de chaleur principale de la maison unifamiliale ou de l'immeuble collectif*

**Installations techniques valorisant les sources d'énergie renouvelables**

| | Désignation de l'élément concerné | Pourcentage de l'aide financière (y inclus le bonus) accordée par l'Etat | Montant maximal de l'aide communale pour une maison unifamiliale et plurifamiliale |
|---|---|---|---|
| 1 | Conseil en énergie | 25% | 500 € |

**Article 7 : Systèmes de collecte des eaux pluviales**

Est accordée une prime à hauteur de 150 % de la prime étatique accordée sur les systèmes de collecte des eaux pluviales avec un montant maximal par installation de 1.500 €.

**Article 8 : Modalités d'octroi**
La demande de l'aide financière communale est introduite par le demandeur auprès de l'administration communale d'Useldange avec toutes les pièces justificatives à la fin des travaux et services et à la suite de la décision d'octroi d'une aide financière étatique par le Ministre ayant dans ses attributions l'Environnement sur base de la loi modifiée du 23 décembre 2016. L'aide financière communale est demandée, sous peine d'irrecevabilité, sur présentation des documents suivants :

- Un document officiel attestant l'octroi du montant de l'aide financière étatique par le Ministre ayant dans ses attributions l'Environnement sur base de la loi modifiée du 23 décembre 2016 ;
- Le formulaire mis à disposition par l'administration communale, rempli et signé.

**Article 9 : Remboursement**
En cas de déclaration inexacte, incomplète ou fausse en vue de l'octroi de l'aide financière communale, l'aide est refusée et, au cas où elle a déjà été accordée et liquidée, la restitution de l'aide indûment touchée est obligatoire. Le cumul de l'aide financière étatique et de l'aide financière communale est en tout cas limité à un montant correspondant à 100 % des coûts effectifs des éléments subventionnés. En cas de dépassement de cette limite, l'aide financière communale est plafonnée de telle manière à ce que le cumul de l'aide étatique et communale ne soit pas supérieur à 100 % des coûts effectifs.

**Article 10 : Contrôle**
L'introduction de la demande comporte l'engagement du demandeur à autoriser le service technique de l'administration communale à procéder à des vérifications sur place. L'administration communale a le droit de demander toute autre pièce justificative en relation avec les travaux et services subventionnés aux articles 4,5,6 et 7 du présent règlement pour être en mesure de contrôler le respect des conditions d'éligibilité.

**Article 11 : Période d'éligibilité**
Le présent règlement s'applique aux investissements pour lesquels une aide financière étatique a été accordée selon la loi modifiée du 23 décembre 2016.
Le droit à une aide financière communale se prescrit 1 an à compter du 31 décembre de l'année civile au cours de laquelle l'aide financière étatique a été accordée.

**Article 12 : Disposition abrogatoire**
Les délibérations du conseil communal du 17 juillet 2009 portant sur la modification du règlement concernant l'octroi d'une prime pour l'installation de capteurs solaires, du 25 mars 2016 portant sur l'introduction d'une subvention revenant aux particuliers pour l'élaboration d'un concept énergétique, du 25 mars 2016 portant sur l'introduction d'une subvention revenant aux particuliers pour la mise en place d'une isolation de la tuyauterie d'eau chaude et/ou de chauffage, du 25 février 2020 portant sur la modification de la subvention revenant aux particuliers pour la mise en place d'une installation photovoltaïque, du 25 février 2020 portant sur la modification de la subvention revenant aux particuliers pour la mise en place d'une installation pour la collecte des eaux de pluie, du 15 mai 2020 portant sur le vote d'une prime communale pour le remplacement d'une ancienne chaudière à énergie fossile et du 09 février 2024 portant sur la fixation aides communales pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie été des énergies renouvelables dans le domaine du logement sont abrogées ;
Par dérogation à l'alinéa qui précède, toutes les demandes introduites avant la publication du présent règlement sont à traiter sous les délibérations abrogées précitées.

### 6. Nomination d'un représentant suppléant auprès du comité de pilotage du Pacte citoyen du vivre-ensemble interculturel.

Monsieur Gérard Pepin est nommé représentant suppléant auprès du comité de pilotage du Pacte citoyen du vivre-ensemble interculturel.

### 7. Présentation du projet « Maison de Santé » à Useldange.

Monsieur Marc Ferber, préposé du service technique communal, présente aux membres du conseil communal le projet « Maison de Santé » à Useldange.

### 8. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.

Monsieur le Bourgmestre donne des explications quant au travail au sein du collège des bourgmestre et échevins et informe les membres du conseil communal sur les manifestations à venir.

# 24 mai 2024

**1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 17 mai 2024.**

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du 17 mai 2024.

Séance à huis clos:

**2. Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2024/2025 : liste 1, proposition de réaffectation d'un(e) candidat(e) au poste vacant d'instituteur/trice de l'enseignement fondamental (C2-4 1p SUR 100%) ;**

**3. Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2024/2025 : liste 1, proposition de réaffectation d'un(e) candidat(e) au poste vacant d'instituteur/trice de l'enseignement fondamental (C2-4 1p SUR 100% A24/25).**

En séance à huis clos, le conseil communal propose au Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse la réaffectation de personnel enseignant sur la liste 1 dans le cadre de l'organisation scolaire de l'année scolaire 2024/2025.

En application de l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, le conseil communal admet à l'unanimité des voix 4 points supplémentaires à l'ordre du jour de la séance publique du jour, à savoir :
- Nomination d'un membre pour la commission de l'environnement, de la circulation et des chemins ruraux;

À l'unanimité des voix, Monsieur Claude Bach est nommé membre de la commission de l'environnement, de la circulation et des chemins ruraux.
- Nomination d'un membre pour la commission des sports, de la jeunesse et de la famille;

À l'unanimité des voix, Monsieur Remy Harpes est nommé membre de la commission des sports, de la jeunesse et de la famille.
- Augmentation du taux d'occupation d'un poste d'éducateur(-trice) diplômé(e) de 20h à 35h par semaine pour les besoins de la Maison Relais

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve l'augmentation du taux d'occupation d'un poste d'éducateur(-trice) diplômé(e) de 20h à 35h par semaine pour les besoins de la Maison Relais.
- Augmentation du taux d'occupation d'un poste d'aidant social et éducatif de 10h à 16h pour les besoins de la Maison Relais.

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve l'augmentation du taux d'occupation d'un poste d'aidant social et éducatif de 10h à 16h pour les besoins de la Maison Relais.

# 28 juin 2024

**1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 24 mai 2024.**

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du 24 mai 2024.

**2. Approbation de l'organisation scolaire provisoire, année scolaire 2024/2025.**

À l'unanimité des voix, les membres du conseil communal approuvent l'organisation scolaire provisoire pour **l'année scolaire 2024/2025.**

**3. Adoption du plan d'encadrement périscolaire pour l'année scolaire 2024/2025 de l'école fondamentale de la commune d'Useldange.**

À l'unanimité des voix, les membres du conseil communal adoptent le plan d'encadrement périscolaire pour l'année scolaire 2024/2025 de l'école fondamentale de la commune d'Useldange.

**4. Approbation du plan de développement de l'établissement scolaire pour l'enseignement fondamental à Useldange pour la période 2024-2027.**

À l'unanimité des voix, les membres du conseil communal approuvent le plan de développement de l'établissement scolaire pour l'enseignement fondamental à Useldange pour la période 2024-2027.

**5. Approbation d'un acte notarié.**

Est approuvé à l'unanimité des voix un acte notarié avec la société Framaro.

**6. Approbation de titres de recette.**

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve des recettes à l'exercice ordinaire 2023 au montant de 31.683,14.-€ et à l'exercice ordinaire 2024 au montant de 8.229,58.-€

**7. Approbation d'un procès-verbal de réception et décompte concernant le projet n° 102697 de l'Administration des services techniques de l'agriculture (Asta).**

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve un procès-verbal de réception et décompte concernant un projet de l'Administration des services techniques de l'agriculture concernant des travaux des recettes à l'exercice ordinaire 2023 au montant de 31.683,14.-€ et à l'exercice ordinaire 2024 au montant de 8.229,58.-€



Projet : aire de jeux, Everlange



Projet : aire de jeux, Everlange

**8. Approbation du projet et du devis concernant l'aménagement d'une aire de jeux à Everlange.**

À l'unanimité des voix, le conseil communal approuve le projet et devis concernant l'aménagement d'une aire de jeux à Everlange au montant de 288.500,00.-€.

**9. Participation à l'appel de projet de l'État pour l'installation de bornes de recharges pour voitures électriques – décision de principe**

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix la décision de principe concernant la participation à un appel de projet de l'Etat pour l'installation de bornes de recharges pour voitures électriques.

**10. Décision de principe pour l'aménagement d'un terrain de football synthétique à Useldange.**

À l'unanimité des voix, le conseil communal décide définitivement d'aménager un terrain de football synthétique à Useldange et charge le collège des bourgmestre et échevins à présenter dans une prochaine séance du conseil communal un APD (Avant-projet détaillé) pour l'aménagement dudit terrain synthétique.

**11. Création d'un poste d'éducateur (-trice) en formation à durée indéterminée sous le statut de salarié (e) à tâche intellectuelle pour les besoins de la Maison Relais avec un taux d'occupation de 25 heures par semaine.**

La création de poste d'éducateur (-trice) en formation à durée indéterminée sous le statut de salarié(e) à tâche intellectuelle pour les besoins de la Maison Relais avec un taux d'occupation de 25 heures par semaine.

**12. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.**

Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem informe les membres du conseil communal du suivi des projets et décisions prises au sein du collège des bourgmestre et échevins.

# Do wou geschafft gëtt






D'Fënsteren sou wéi Dieren an d'Paarte sinn an der ManuKultura ersat ginn.

# Zwee Ministeren op Visitt bei der DEA



De 16. an den 18. Juli war den Ëmweltminister Här Serge Wilmes sou wéi den Inneminister Här Léon Gloden op Aarbechtsvisitt zu Useldeng bei der DEA.
Si hunn sech een Androck vun der Anlag gemaach a ware staark interesséiert um Fonctionnement vun der Waasserversuergung vum Norde vun eisem Land





TEXT: INPA – CHRISTINA MEYER

# Table ronde scientifique zum ale Prieuré zu Useldeng

De 25. Juni 2024 konnt den Institut national pour le patrimoine architecturale – INPA an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Useldeng eng wëssenschaftlech Table ronde organiséieren. Sujet war den ale Prieuré an der rue de Boevange zu Useldeng. Op dëser Plaz waren an de leschte Méint verschidden Analyse gemaach ginn, déi weisen, wat fir eng exceptionell Bedeitung Useldeng schonns am Mëttelalter hat.

Déi éischt Conferencière war d'Mme Aurore DiLiberto vun der uni.lu zum Thema „Useldange: Des origines au Moyen Âge. Etude archéologique, historique et archéogéographique". Si huet erkläert, wat Archeogeographie ass. Hei gi Resultater vun Ausgruewungen a verschidden historesch Dokumenter a Kaarten an enger Kaart zesummegefaasst, fir esou Synergien aus ënnerschiddleche wëssenschaftlechen Aarbechten ze zéien.

D'Mme Stephie Reichert huet d'Nolauschterer mat hirem Virtrag „Das Useldinger Priorat – kontinuierlich am Puls des Zeitgeschehens – entsprechende urkundliche Zeugen und Belege" ob eng faszinant Rees duerch Sourcen an Urkunde matgeholl, déi schonns zënter méi wéi 800 Joer zum Useldenger Priorat bestinn. Dëst ass ganz speziell interessant, well duerch Analysen um Terrain konnt nogewise ginn, datt dës Urkunden absolutt richteg sinn!

D'Mme Heike Pösche vum Institut pour le patrimoine archéologique – INRA konnt dann iwwert d'Resultater vun den archeologesche Gruewungen um Site vum Raiffeisenareal verzielen. Den Här Thomas Lutgen, Baufuerscher vun Tréier, konnt dëst ergänzen duerch seng Ënnersichungen an der Scheier vum Haff 14, rue de Boevange, déi fréier een Deel vun der Klouschterkierch war an nach vill spannend Detailer opweist.

Dermat dat gesammelt Wëssen, wat mir haut zum ale Prieuré hunn, net wäert verluer goen, wäert den INPA eng Publikatioun maache mat alle Virträg. Wann Dir Interessi hutt, dës Publikatioun ze kréien, mellt Iech wgl. ab November op der Gemeng.







# Informatiounsowend zum Thema Mobilitéit

Am Kader vum Klimapakt huet d'Gemeng den 23. Mee op een Informatiounsowend zum Thema Mobilitéit agelueden.

D'Mireille Scheid an de Pol Arlé vum ORT - Visit Guttland esou wéi d'Caroline Schmit vum Syndicat Intercommunal Kanton Réiden, hunn de Bierger d'Wanderweeër an d'Vëlosweeër aus a ronderëm der Gemeng präsentéiert.



# Aweiung vum neie Salzsilo, Hangar a Fuerpark






**De 17. Mee huet de Schäffen- a Gemengerot, zesumme mam Gemengepersonal, den neie Fuerpark esou wéi den neie Salzsilo an Hangar op Weidfeld ageweit.**








RP 7515

# Schoulorganisatioun 2024 / 2025

Notiz: Opgrond vun dem neien EU-Dateschutzreglement (RGPD), dat de 25. Mai 2018 a Kraft getrueden ass, ass et eis leider net méi méiglech d'Nimm vun de Schoulkanner ze veröffentlechen.

**Merci fir Äert Versteesdemech!**

**Précoce, Cycle 1.1 & 1.2 (19 enfants)**
Titulaire de référence :
Mertens Fabienne

**Précoce (15 enfants)**
Titulaire de référence :
Czerwonka Claudia

**Cycle : 1.1 & 1.2 A (18 enfants)**
Titulaire de référence :
Barthelemy Carole

**Cycle 1.1+1.2 B (18 enfants)**
Titulaire de référence :
Weis Laura

**Cycle 2.1 A (15 enfants)**
Titulaire de référence :
Sandra Emmeringer

**Cycle 2.1 B (16 enfants)**
Titulaire de référence :
Marilyn Erdel

**Cycle 2.2 A (15 enfants)**
Titulaire de référence :
Michèle Schartz

**Cycle 2.2 B (17 enfants)**
Titulaire de référence :
Christiane Neuman

**Cycle 3.1 A (13 enfants)**
Titulaire de référence :
Myriam Hansen

**Cycle 3.1 B (15 enfants)**
Titulaire de référence :
Blanche Schroeder

**Cycle 3.2 A (18 enfants)**
Titulaire de référence :
Nadine Schummer

**Cycle 3.2 B (19 enfants)**
Titulaire de référence :
Sandy Splicks

**Cycle 4.1 A (19 enfants)**
Titulaire de référence :
Claudine Risch

**Cycle 4.2 A (21 enfants)**
Titulaire de référence :
Gilles Groben



# Busplang 2024 / 2025 Schoul Useldeng

| Trajet A – ALLER<br>Schandel > Useldange > Schoul Useldeng | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Schandel – Duerfstrooss | 7h26 | 13h34 |
| Schandel – église | 7h27 | 13h35 |
| Schandel – Rue de Vichten | 7h29 | 13h37 |
| Useldange – École | 7h31 | / |
| Useldange – Helpersbierg | 7h36 | 13h42 |
| Useldange – ancienne école | 7h39 | 13h45 |
| Useldange – Bei der Buerg | 7h41 | 13h47 |
| Useldange – Schoul Useldeng | 7h44 | 13h50 |

| Trajet B – ALLER<br>Everlange > Rippweiler > Useldange > Schoul Useldeng | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Everlange – Moulin | 7h21 | 13h26 |
| Everlange – Pont | 7h23 | 13h28 |
| Everlange – Centre culturel | 7h25 | 13h30 |
| Everlange – Rue Halte | 7h27 | 13h32 |
| Rippweiler – Grottestrooss | 7h33 | 13h38 |
| Useldange – Arrêt Lahr | 7h39 | 13h44 |
| Useldange – Bei der Buerg | 7h40 | 13h45 |
| Useldange – Cimetière | 7h41 | 13h46 |
| Useldange – Schoul Useldeng | 7h45 | 13h50 |

| Trajet A – RETOUR<br>Schoul Useldeng > Schandel > Useldange | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Useldange – Schoul Useldeng | 12h05 | 15h55 |
| Schandel – Duerfstrooss | 12h08 | 15h58 |
| Schandel – église | 12h09 | 15h59 |
| Schandel – Rue de Vichten | 12h11 | 16h01 |
| Useldange – Bei der Buerg | 12h15 | 16h05 |
| Useldange – Helperbierg | 12h18 | 16h08 |
| Useldange – ancienne école | 12h22 | 16h12 |

| Trajet B – RETOUR<br>Schoul Useldeng > Useldange > Rippweiler > Everlange | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Useldange – Schoul Useldeng | 12h05 | 15h55 |
| Useldange – Cimetière | 12h08 | 15h58 |
| Useldange - Bei der Buerg | / | 15h59 |
| Useldange – Arrêt Lahr | 12h11 | 16h02 |
| Rippweiler – Grottestrooss | 12h17 | 16h08 |
| Everlange – Rue Halte | 12h23 | 16h14 |
| Everlange – Centre culturel | 12h25 | 16h16 |
| Everlange – Pont | 12h27 | 16h18 |
| Everlange – Moulin | 12h29 | 16h20 |

# Duerfbegehung vun der Commission de l'environnement, de la circulation et des chemins communaux am Kader vun enger Iwwerpréiwung vun de Schwaachstellen an den Dierfer



Den 1. an den 21. Juni sinn d'Vertrieder vun der Kommissioun zesumme mat anere Matbierger duerch Iewerleng, Schandel, Useldeng a Rippweiler getrëppelt, fir d'Bestandsopnam vum ëffentleche Raum, den Trëppelweeër an den Trottoiren ze maachen.

Doropshi schafft d'Verkéierskommissioun fir all Duerf en detailléierte Rapport aus.

Dëse soll dann dem Schäfferot ënnerbreet ginn, mat méigleche Léisungsvirschléi fir eis Dierfer méi sécher, méi roueg a méi gréng ze maache.



TEXT: HARPES CHRISTIANE

# Castle Fun - Spill a Spaass op der Buerg

Am Kader vum Kannersummer 2024 vum Kanton Réiden huet d'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen a Kooperatioun mat der Jugendkommissioun vum FC Jeunesse Useldeng, mam Senioreforum Useldeng an dem Jugendtreff Réiden e Castle-Fun op der Buerg zu Useldeng organiséiert.

Eng Spilllandschaft mat ënnerschiddlechen Erausfuerderungen huet Kleng a Grouss begeeschtert an agelueden aktiv ze gi mam Fokus op Spaass a Freed.

An engem schéine Kader hu mir en intergenerationellen Nomëtteg mat interessanten Echangë verbruecht.

Een häerzleche Merci fir dës gelonge Kooperatioun an alle Leit déi eis op der Buerg besicht hunn.

Zësummeliewen


Kommissioun vum interkulturellen
Zesummeliewen











BALL
TOSS


Paris
c'est la vie





# Commission du vivre-ensemble interculturel Useldeng

Dir hutt interessant Iddien a flott Suggestiounen am Kader vum interkulturellen Zesummeliewen an der Gemeng Useldeng, da mellt Iech gäre bei engem vun eise Memberen oder schreift eis un :

vivre.ensemble@useldeng.lu

Wenn Sie eine interessante Idee und tolle Anregungen im Rahmen des interkulturellen Zusammenlebens in der Gemeinde Useldingen haben, wenden Sie sich bitte an eines unserer Mitglieder oder schreiben Sie uns :

vivre.ensemble@useldeng.lu

Si vous avez des idées et suggestions intéressantes dans le cadre du vivre-ensemble interculturelle dans la commune d'Useldange, veuillez contacter un de nos membres ou écrivez-nous:

vivre.ensemble@useldeng.lu

If you have interesting ideas and great suggestions in the context of intercultural living-together in the municipality of Useldange, please contact one of our members or write to us :

vivre.ensemble@useldeng.lu



Djukanovic Daliborka
Flor Starsky Selestino
Frank-Cirne Elsa
Giallombardo Kevin
Gottschalk Christel
Harpes Christiane
Pedrazzoli Manuela
Pepin Gérard Roland
Thill Nathalie
Wies Sandra

TEXT: KIM & ANGIE

# Bei de Fliedermais

Summeraktivitéiten



# Summer-aktivitéiten



Wei all Joer hate mir och erëm des Kéier de Kanner aus der Gemeng Useldeng Summeraktivitéiten ugebueden. Eist Thema war „Summerzauber“.

Fir an d’Thema eranzekommen, hunn e puer Educateuren ee klengt Theaterstéck virgefouert.

Doropshi konnte Kanner bei flotten Aktivitéiten deelhuele wei z.B. e puer Kenneléierspiller, Rainbow Glace a Glitzer Cocktailer selwer maachen oder och e puer Zauberaccessoirë bastelen.





# Bëschdag

Den zweeten Dag vun eise Summeraktivitéiten hu mir am Bësch verbruecht. Mir hunn een Hexentrank gemaach, Leemgesiichter geformt, ee Buerféisswee gebaut an zu gudder Lescht konnten d' Kanner och nach bei Beweegungsspiller matmaachen.








# Excursiounen



Et goufen och zwee grouss Ausflich ugebueden. Mat deene Klenge si mir an d'Plopsaland gefuer a mat de Groussen ass et an d'Phantasialand gaang.

Kanner haten immens Spaass an hu sech gefreet iwwert dës flott Deeg.









# Ofschlossdag



Och eis Summeraktivitéite kommen iergendwann un een Enn. Op eisem leschten Dag hu mir nach eng Kéier richteg flott Aktivitéite mat de Kanner gemaach.

Sou konnten d'Kanner Glitzertattooe gemaach kréien, d'Gesiicht bemoolt kréien an awer och eng Zauberbowl maachen. Beweegungsspiller an ee kreativen Atelier stoungen och um Plang.









# Elterefest




Fir eis Summeraktivitéite schéin ofkléngen ze loossen, hu mir och den Elteren ugebueden, den Owend mat eis an zesumme mat hire Kanner um Fussballsterrain beim Pavillon ze verbréngen.

Fir flott Ambiance an lessen a Gedrénks war natierlech och gesuergt.

# Mëttel-alterfest




























GEMENG
USELDENG













# Nationalfeierdag 2024

Nationalfeierdag gouf dëst Joer, wéi och schon déi Jore virdrun, um Dag selwer, sonndes, den 23. Juni 2024 zu Useldeng gefeiert.

De Cortège fir an d'Kierch, ugefouert vun der Harmonie Useldeng an de Pompjeeën aus der Gemeng, goung um 10.15 Auer am Millenhaff zu Useldeng fort.

Den Te Deum gouf feierlech vun der Chorale Ste Cécile, ënnert der Leedung vum Dirigent Fernand Even an dem Organist Carlo Philippe, gestallt.

Fir den offizielle Festakt goufe beim „Monument aux morts" Blummen niddergeluecht.

D'Usprooch vum Buergermeeschter an d'Medaileniwwerreechung goufen am Schlasshaff ofgehalen.

Bei de Jugendpompjeeën krute folgend Jonker eng Spéngel a Bronze iwwerreecht:

- Manoni-Ooms Louis
- Olsem Pit
- Kirsch Max
- Rausch Luca

Folgend Pompjeeë si geéiert ginn:

- Kieffer-Barcelos Valérie - Medaille en vermeil du mérite de la sécurité civile fir 20 Déngschtjoer
- Schiltz Nic, Croix de Mérit en Argent fir 35 Dëngschtjoer
- Beckers Jos – Croix de Mérite en Argent avec Couronne fir 40 Déngschtjoer
- Kaufmann Claude – Croix de Mérite en Argent avec Couronne fir 40 Déngschtjoer
- Kaufmann Marc – Croix de Mérite en Argent avec Couronne fir 40 Déngschtjoer
- Hecker Jean-Claude – Croix de Mérite en Or fir 45 Déngschtjoer
- Hennico Aly – Croix de Mérite en Or fir 45 Déngschtjoer
- Kerger Jeannot – Croix de Mérite en Or fir 45 Déngschtjoer
- Schoujean Jules – Croix de Mérite en Or fir 45 Déngschtjoer

D'Gemeng hat duerno op de Fréndschaftspatt op der Tit Schroeder-Plaz invitéiert.

Uschléissend huet dunn d'Volleksfest, organiséiert vun de Kultur- a Buergfrënn ugefaangen.



## Et goufen nach vill flott Stonne bei summerlechem Wieder, gudder Musek a beschter Stëmmung zesumme verbruecht.


© Christiane Harpes


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser

TEXT: CLAUDE BOUDLER

# Nopeschfest an der „Cité Penzelbaach“




D’Nopeschfest 2024 an der Cité Penzelbaach war dëst Joer de Freideg, 7 Juni. Ab 18.00 Auer hate sech d’Bewunner aus eiser Cité an eisem „Turbo Rond Point“ afonnt, an dat dëst Joer scho fir déi 9. Editioun.

Déi aner Noperen aus den anere Stroosse vun Useldeng hunn eis bestëmmt héieren, dëst Joer hate mir déi éischte Kéier Live Musik. Well eis Nopere Patrick a Sandra geplënnert sinn, an eng leschte Kéier als Bewunner vun eiser Strooss un eisem Nopeschfest deelgeholl hunn, hate si eis souzesoen als „Abschidscadeau“ den Orchester „Son de Lux-Musica Cabana“ gesponsert.
E grousse Merci u si 2, déi natierlech, wéi all aner Leit, déi eis Strooss scho verlooss hunn, liewenslaang invitéiert sinn.

Am ganze waren eng 34 Leit dobäi, als Special-Guests och eise Buergermeeschter Pollo Bodem mat sengem Schäffe Raoul Schaaf.

Bei guddem Wieder gouf gegrillt, deen een oder anere Patt gedronk an e puer Stonnen zesumme verbruecht. Et gouf och schonn deelweis d’Editioun 2025 geplangt, wou mir dann den 10. Anniversaire feieren.

TEXT: CLAUDE BOUDLER

# Den Useldenger Football virun der neier Saison 2024/2025

Sonndes, de 7. Juli hat de Comité vum Veräi seng Memberen an d'Generalversammlung invitéiert. Bei sonnegem Wieder huet de President Marcel Kauthen seng Memberen an d'Invitéë begréisst an a senger Begréissungsried verschiddene Leit e Merci ausgedréckt fir hiren Asaz fir de Veräin. Dem Paul Hunnewald, dee säi Posten als Seniors 1 Trainer jo no der Saison zur Dispositioun gestallt huet, huet hie felicitéiert fir déi a sengen Aen dach ganz gutt Saison 2023/2024. Uschléissend huet de Sekretär Jérôme Heirendt den Aktivitéitsbericht virgeluecht, éier de Claude Metz iwwert d'finanziell Situatioun vum Veräi Ried an Äntwert stoung.

Uschléissend war et um Claude Boudler, fir de Rapport iwwert d'Useldenger Jugend an der vergaangener Saison ze maachen. Hien huet dorop opmierksam gemaach, dass d'Resultater an der Jugend an de klenge Kategorien net wichteg sinn an dass hei de Spaass un éischter Stell soll stoen. Just bei de Kategorië Minimes, Jeunes Filles, Scolaires a Cadets ginn Tabelle bei der FLF gefouert. Eis Resultater hei waren zefriddestellend, d'Minimes ware souguer e puermol gestigen.

An der neier Saison ginn et e puer Ännerungen. De laangjärege Koordinator Dave de Bruyne huet aus eegene Grënn demissionéiert a gëtt op dëser Plaz vum Olivier Pradier, zesumme mam Cedric da Sousa a Nene Vinhas ersat. Mam Kristina Stevanovic, Leo Bodem a Stefan Straus verloossen och 3 Traineren eise Staff.

Eis Jugend geet dann d'nächst Saison mat 7 Ekippen an d'Championnat:

1. Bambinis, trainéiert vum Almir Canovic
2. Pupilles, trainéiert vum Rol May an dem Rick Weber
3. Poussins, trainéiert vum Noah Metz a Pascal Neu
4. Minimes, trainéiert vum Bruno Duarte an Thiago Rodriguez
5. Scolaires, trainéiert vum Luca Frank an Olivier Pradier

Dann hu mir nach 2 Ekippe fir eis Meedercher, déi säit hirem Start d'lescht Joer ëmmer besser ginn:

6. De Kevin Carvalho këmmert sech weiderhin ëm d'Fillettes
7. An d'Jeunes Filles gi vum Cedric de Sousa an Nene Vinhas trainéiert.

Nieft de futtballereschen Aktivitéite probéiere mir reegelméisseg aner Aktivitéiten unzebidden. Am Abrëll dëst Joer ware mir an d'Phantasialand, am Mee hate mir eise Footballcamp an am Dezember kënnt reegelméisseg de Kleesche bei eis.

Bei der Neigestaltung vum Comité ware Leit gewuer ginn, dass den Olivier Pradier seng Demissioun ginn huet, verständlecherweis well hie jo elo eng nei Charge als Jugendkoordinator huet. Nei am Comité si säit dësem Dag de Luis Borges an de Guy Reckinger. No der Erneierung vum Comité kruten nach e puer Leit e spezielle Merci gesot: d'Anni Linster fir d'Féierung vun der Comptabilitéit vun der Buvette säit Joren (hunn et net am Kapp mee et sinn der bestëmmt 30), d'Christiane Holzmacher, dat am Fong näischt mam Football ze dinn huet, mee awer reegelméisseg kënnt, fir an der Buvette oder an der Grillbud ze hëllefe respektiv ze botzen. De Castle Ride am Mee ass och reegelméisseg eng gutt Recette. Heifir si mam Thomas Völkening a Marcel Welfring zwee Leit verantwortlech, déi dësen Event elo och scho säit enger Rei Jore fir de Football organiséieren. Och hinne gouf mat engem klenge Gest Merci gesot.

Uschléissend huet de scheedende Seniors 1-Trainer Paul Hunnewald d'Wuert ergraff. Anescht wéi de Marcel war et fir hie keng gutt Saison, opwuel déi éischt Hallschent vun der Saison super gelaf ass, huet et an der Réckronn net méi sou gutt geklappt. Grënn huet hien ënner anerem och dora gesinn, dass hien als Trainer net méi déi néideg Motivatioun gehat hätt. De Football ass dem Paul awer dankbar, dee scho vun 2012 bis 2016 Trainer bei eis war



Jugendcamp, Enn Mee 2024 mam Lëtzebuerger Nationalspiller Seba Thill

an dunn nach emol am November 2022 den Trainerposten iwwerholl huet. Als Schlusswuert an der Versammlung huet de Paul gesot, dass hien, och wann net méi als Trainer, dem Veräin op jidde Fall wëllt erhale bleiwen an net méi bei en anere Veräi wäert wiesselen.

Nodeems den Thierry Bodem de Relevé vun eisen Transferts gemaach huet, hei wëll ech lo net op den Detail agoen, dee kënnt dir op eiser Facebooksait kucken, si mir dunn zu der Präsentatioun vun eisem neien Trainerstaff komm.

Hei fannen ech, ass eis e richtege Coup gelongen. Neien Trainer gëtt de Patrick Grettnich. Wien iergendwéi eppes mat Football um Hutt huet, wäert dësen Numm schonn emol héieren hunn. De Patrick huet als Spiller bei der Etzella Ettelbruck gespillt, huet duerno Transferts op Aris Bonneweg an Union Luxembourg gemaach. Als Trainer war hien zu Ierpeldeng, bei der Etzella Ettelbruck, Una Strassen a beim RFCU Luxembourg, wou hie spéider och Sportsdirekter war. Säin Debut zu Useldeng huet hien an engem



Eist Trainerteam fir d'Saison 2024-2025, v.l.n.r. Hugo Correia, Samir Kalabic, Patrick Grettnich, Albert Ramdedovic, Jérôme Heirendt

Frëndschaftsmatch géint Colmar ginn an och direkt gewonnen. Et gëtt spannend wou eise Wee mam Patrick dann hiféiert. Him zur Säit als Co-Trainer steet de Samir Kalabic. D'zweet Equipe gëtt weiderhi vum Albert Ramdedovic gecoacht, deen dës Saison jo och mat der 2. Ekipp opgestigen as. Weider am Staff sinn den Hugo Correia als Golkipptrainer an de Jérôme Heirendt als Betreier.

Info

**Zum Schluss ass et dann nach en Opruff un d'Kanner aus der Gemeng, déi nach keng Lizenz hunn**.

Traut iech a kommt emol probéieren, Trainingszäiten an all weider Informatioune fannt dir op eisem Internetsite: footballuseldeng.lu

TEXT: THOMAS VÖLKENING

# Randonnée Castleride 2024

Am 1.5.2024 hat zum siebten Mal der VTT Castleride Useldeng stattgefunden. Durchgeführt wird diese Veranstaltung vom Useldinger Fußball unter Mitwirkung privater Initiatoren sowie mit der Unterstützung der Gemeinde Useldeng.

Insgesamt haben sich ca. 300 Teilnehmer/innen am Start zwischen 8.00 und 10.00 Uhr eingefunden.

Auf dem Programm standen diesmal Strecken von 24 km bis 60 km sowie die schon traditionelle Familienstrecke mit 13 km. An insgesamt 3 Verpflegungsstationen konnten die Teilnehmer/innen neue Kraft tanken.

Auf der Familienstrecke waren neben Fahrradfahrern auch Jogger und Nordic Walker unterwegs.

Auch die erfolgreiche Jugendabteilung vom FC Jeunesse Useldeng war mit vielen Kindern auf der Familienstrecke vertreten!

Am Ziel, dem Fußballplatz vom FC Jeunesse, konnten sich die Teilnehmer dann bei herrlichem Wetter mit Hamburger, Grillwurst, Gromperekichelcher, Pommes Frites und zahlreichen Getränken von den





Strapazen erholen, wovon auch sehr viele Gebrauch gemacht haben.

Musikalisch unterstützt wurden wir von einer kleinen Besetzung der Northern Big Band unter der Leitung von Raoul Schaaf. Danke nochmal dafür! Im Großen und Ganzen war es eine sehr gelungene Veranstaltung. Alle Teilnehmer sind wohlbehalten am Ziel angekommen und haben sich sehr positiv zu den Strecken und der schönen Natur in unserer Region geäußert.

Weitere Fotos vom VTT Castleride kann man sich unter www.castleride.lu ansehen. Dort ist auch ein Video von unserem Castleride zu sehen.



Ein großer Dank gilt unseren Sponsoren Pallcenter, Elektro Zenner, Bäcker Jos, dem Malerbetrieb Daniel Kauthen, der Provençale, der Firma Electra sowie den vielen freiwilligen Helfern, hier sei insbesondere Marcel Welfring erwähnt, ohne die diese Veranstaltung nicht möglich gewesen wäre.

Besonders stolz sind wir darauf, dass wir auch in diesem Jahr unseren Randonnée als Green Event-Veranstaltung erfolgreich durchgeführt haben. Mehr Infos dazu kann man sich unter www.greenevents.lu ansehen.

## Die achte Auflage vom VTT Castleride Useldeng ist in Planung und wird voraussichtlich am 1.5.2025 stattfinden.



TEXT & FOTOEN: CLAIRE KOSTER

# Club des Jeunes Useldeng

## Club - Schivakanz

Zesumme mam Club des Jeunes Brouch, hu mir ufanks Abrëll e puer flott Deeg am Schnéi an Éisträich verbruecht. Fir déi eng war et déi éischte Kéier op Schi, fir anerer war de Wantersport schonn eng jorelaang Traditioun.

Ausserhalb vun de Pisten, nom Schi fueren, hu mir eis Zäit am Fitness, an der Sauna, der Schwemm an natierlech beim Après-Schi gutt ëmkritt.



1. Mee



Schivakanz

## Eis 1.Meefeier

Traditionell hu mir dëst Joer och erëm e Meekranz gebonnen. Nodeem déi gréng Blieder zum Kranz gebonne waren, hu mir am Millenhaff zesumme gegrillt an e puer schéi Stonne verbruecht.

## Wal-Apéro: 9. Juni 2024

Den 9. Juni fir d'Europawalen, hu mir d'Wieler virum Centre Culturel mat Kuch, Kaffi an engem gudden Apero versuergt.

Ab 07:45 Auer hate mir eis am Millenhaff versammelt an hunn de Leit d'Wielen an d'Waarden op d'Resultater verséisst. Uschléissend hu mir vum gudde Wieder a vum Volleyballterrain vun der Gemeng Useldeng profitéiert an do als Club e puer Matcher gespillt.



Wal-Apéro



Open-Air Useldeng



Open-Air Useldeng



Open-Air Useldeng



Open-Air Useldeng

Info

**Wéi kann een dem Club des Jeunes Useldeng bäitrieden?**

Du bass aus der Gemeng Useldeng, hues mindestens 15 Joer, Loscht bei eisen Aktivitéiten am Duerf matzemaachen oder mat eis op aneren Aktivitéite Spaass ze hunn? Da bass du bei eis genau richteg. Fir Member ze ginn oder bei weidere Froen, kanns du dech gäre bei eis mellen.

- Facebook: Club des Jeunes Useldeng
- Instagram: cdj.useldeng
- Email: cdjuseldeng@gmail.com

## Open-Air Useldeng: 20. Juli 2024

Den 20. Juli war et erëm sou wäit: den Open-Air Useldeng huet zu Useldeng um Ökoparking seng 3. Editioun gefeiert. Virbereedunge si schonn ab Mee gelaf, an esou hu mir eis Flyeren, Béierdeckelen a Pousteren a Caféen an op Fester verdeelt.

Dëst Joer waren eis opfälleg pink T-Shirten an der Géigend vertrueden an hunn d'Opmierksamkeet op sech gezunn. De Virverkaf spillt eng wichteg Roll. Esou konnten d'Leit sech bei eis fréi e méi bëlleg Tickete sécheren.

Dëst Joer mat dobäi waren: den DJ NOSI, de PinkSpace an d'Dj's from Lux. Donneschdes virum Bal hate mir een Interview op Eldoradio an hunn eise RadioSpot gedréint. Och war Eldoradio um Owend selwer mat engem Spill vertrueden an hunn d'Léit um Bal entertaint. D'Fotoe vum Open-Air fannt dir online op eiser Facebooksäit, esou wéi och um Eldoradio selwer.

## Mir soen eise Sponsoren Villmools Merci!

TEXT & FOTOEN: CLAIRE KOSTER

# Dëschtennis Schandel

## Schoulsportsdag vun der Schoul Useldeng

De 24. Mee 2024 war den Dëschtennis Schandel um Schoulsportsdag vun der Schoul Useldeng vertrueden.

All Klass aus der Schoul ass bei eis an den Dëschtennissall laanscht komm a konnt verschidden Übunge mam Ball an der Rackett testen. Den Atelier ass ganz individuell un all Cycle ugepasst ginn an d'Kanner haten d'Méiglechkeet sech un de Sport erunzetaaschten.



Schoulsportsdag

## Generalversammlung

Eis alljärlech Generalversammlung hu mir dëst Joer den 8. Juni 2024 an der Buvette vun der Sportshal ofgehalen. Zesumme mat den aktuelle Memberen, de Gemengevertrieder an den Ancien-Spiller hu mir zesummen d'Joer Revue passéiere gelooss.

Duerno ass et natierlech och e Patt an e Bréitche ginn.


Generalversammlung


Nationalfeierdag



Christophorusfeier

## Catering Nationalfeierdag

Dëst Joer war et un eis, fir de Catering vun Nationalfeierdag fir d'Awunner aus der Gemeng, hannert der Buerg op der Plaz „Tit Schroeder", ze assuréieren. Ufanks hu mir de Leit den Éierewäin zerwéiert an duerno hu mir se mat Gegrills versuergt.

Bis owes spéit hu mir Béier gezaapt a fir e flotte Feierdag gesuergt.

**Info**

Sidd dir oder är Kanner interesséiert sech bei eis sportlech ze engagéieren, sou kënnt dir iech ganz gäre bei eis mellen.

- Email: Dt.schandel@gmail.com

## Christophorusfeier

Den 28. Juli 2024 hate mir eis traditionell Christophorusfeier organiséiert. No der Mass sinn d'Gefierer geseent ginn.

Beim Centre Culturel hu mir fir d'Iessen an d'Gedrénks gesuergt. Um Menü stoung: *Pulled Pork*, en Hamburgerteller a Gegrills mat Fritten an Zalot.


Christophorusfeier

## Sport

Den Dëschtennis Schandel a.s.b.l ass och dës Saison an der 2. Divisioun bliwwen.

Säit September si mir mat 2 Ekippen un de Start gaangen.

All Donneschden hatte mir e Jugendtraining fir eisen Nowuess organiséiert.


Christophorusfeier

TEXT: HOFFMANN CHRISTOPHE / FOTOËN: KAUFMANN CLAUDE

# D'Pompjeesfrënn um Horrortrip zu Brouch

Och fir déi 29. Editioun vum Horrortrip den 13. Juli zu Brouch, ware mir mat direkt 2 Equippen um Depart.

Wéi een et vun de Bricher Suebelmouken gewinnt ass, war dëst erëm ee flotten Tour duerch d'Bëscher an d'Feldweeër ronderëm Brouch.

Ënnerwee goung et dann drëms fir esouwuel spannend Froen ze beäntweren, wéi och sech bei flotte Spiller géint d'Konkurrenz ze beweisen.

An dat hu mir mat eiser éischter Equipe esou gutt gemaach, datt mir och gläich déi 1. Plaz (vun 105 Equippen) konnte beleeën.

Do derniewent hu mir och nach de Präis fir d'Equipe mat de beschte Resultater bei de Spiller kritt, deemno ee vollen Erfolleg.

Eis zweet Equipe konnt dann trotzdeem och nach déi 53 Plaz beleeën.

Och dës Manifestatioun steet da scho fir 2025 rëm fest an eisem Kalenner.

## „... déi 1. Plaz vun 105 Equippen ...“






TEXT: HOFFMANN CHRISTOPHE / FOTOËN: KAUFMANN CLAUDE

# Traapeleef fir d'Saison 2024

Zanter elo schonn enge Partie Joren hunn eis Pompjeeën eng Equipe, déi reegelméisseg un Traapeleef am noen Ausland deelhëlt.

Dëst Joer sti ganzer 6 Traapelaaf-Kompetitiounen um Programm wou Pompjeeën aus eisem CIS ugemellt sinn, 3 dovunner ware schonn, dofir gëtt och d'ganzt Joer fläisseg trainéiert.



Oberhof



Frankfurt




Bad Wildbad

## Oberhof Treppenlauf

Den Optakt vun der Trapelaaf-Saison war zu Oberhof den 13.04.2024, eng Trap laanscht eng Skisprungschanz mat ca. 700 Trepplecken, wou 4 vun eise Pompjeeën deelgeholl hunn a gutt Resultater konnte maachen.

Team Loss Martin – Hoffmann Christophe hunn déi 7. Platz bei den Oldies mat enger Zäit vun 8:31

Team Kaufmann Claude – Kaufmann Luca hunn déi 19. Platz bei Youngster mat enger Zäit vun 8:25

Den Dag nom Trappelaaf si mer nach ee flotten Tour mam Mountainbike fuere gaangen, wou verschiddener blo Platzen ofkritt hunn.

## Skyrun Frankfurt

Bei dësem Traapelaaf hu mer dëst Joer fir d'éischt deelgeholl.

Hei ass et de 26.05.2024 an engem Héichhaus mat 61 Etagen, 213 Héichtemeter an 1200 Trepplécker, wéi gewinnt a voller Pompjeesmontur mat ugeschlossenem Otemschutz, un de Start gaangen.

Bëssen ongewinnt war hei, dass een Team aus 3 Leefer bestanen huet, et huet een awer just missen zesumme Starten awer jiddereen ass säin Tempo gelaf. De Remy war souguer 2 mol um Start, hien ass an eisem Team matgelaf an duerno nach mat 2 däitsche Pompjeeskomeroden.

Mir hunn déi 12. Platz (vun 81.) an der Feuerwehrwertung mat Otemschutz konnte beleeën, mat follgenden Zäiten:

- Harpes Remy; 14:43
- Hoffmann Christophe; 18:32
- Kaufmann Claude; 18:40

## Stäffeleslauf zu Bad Wildbad

Hei ass et de 7.06.2024 laanscht eng Standseilbahn eng 1987 Trepplécker an 285 Héichtemeter eropgaangen. Nodeems de Remy lescht Joer bei dëser Kompetitioun déi 1. Platz als Pompjee matgeholl hat, stoung dëse Laf scho fest um Programm.

Dem Remy ass et awer net duergaange fir ee mol ze lafen, dofir ass hien als éischt an der Sportlerwärtung matgelaf an duerno nach ee mol an de Feuerwehrwertung.

Gelaf gëtt hei Eenzel an net wéi gewinnt am Binôme, an den Otemschutz ass net ugeschloss. Des Top Resultater konnten an der Wärtung Feuerwehr Männer mat 78 Teilnehmer erzielt ginn:

- Harpes Remy; 2. Platz mat 15:33
- Hoffmann Christophe; 20. Platz mat 19:35
- Kaufmann Claude; 32. Platz mat 21:14

## Folgend Leef sti fir dëst Joer nach um Programm

- Kölnturm Treppenlauf 25.08.2024
- TK Towerrun zu Rottweil 15.09.2024
- Schanzenlauf zu Oberstdorf 19.10.2024

# Harmonie Useldeng

## „Merci Paul fir deng 14 Joer“

The Final Countdown ass näischt anescht, wéi en Zréckzielen, den Depart beispillsweis vun enger Rakéit oder déi lescht Sekonnen, éier en neit Joer ufänkt. Um Gala-Concert huet de Kanner- a Jugendensembel dëst Stéck gespillt, fir déi lescht Momenter mam Paul Fox als Dirigent zréckzezielen.

Den 21. September 2010 waars du Paul deen, deen no deemools 115 Joer Veräinsgeschicht, als 16. Dirigent d’Baguette iwwerholl huet.

Den 8. Januar 2011 hat d’Useldenger Musik en Neijoerschconcert an der Kierch. A menger Memoire, als zweet schlechteste Musikant, bass du mir hänke bliwwen, well s du dësen Owend, en dach scho speziel-le Kostüm un has.

Enn 2015 huet d’Fanfare lewerleng sech deemools opgeléist a mir konnten eng Rëtsch nei Musikanten an eise Reien ophuelen. Alt bis zu 60 Musiker hues du zu Useldeng den Tempo uginn. Mat Theme wéi: „Life, Filmmusek, America, Classic vs Rock, Mythe, Kreaturen a Legenden, Universum, eis Favoritten, Let’s Dance, Human, Colours an Zifferen“ waren Themen, wou s du ëmmer nees souwuel d’Publikum wéi och d’Musiker ze iwwerzeege wousst.

Nit nëmmen eis Musik ass duerch däin Engagement gewuess, mä eis Fangemeinschaft gouf och ëmmer méi grouss. Beim leschte Gala-Concert hate mir iwwer 300 Zuschauer!

Och privat waars du doheem engagéiert. Hues du deemools als Jonggesell zu Useldeng ugefaang, sou solls du net immens laang eleng bleiwen. Et war op Halloween 2015, wéi s du déngem Amélie, zu Simmer an der Kierch, d’Jowuert ginn hues. Den Apero an d’Iesse waren tëschent Arel a Virton an engem Schlass. Hei gouf et liicht Stroumschwankungen, wéi den Orchester ugefaangen huet ze spillen.

De 26. Abrëll 2017 koum de klenge Joshua op d’Welt, den 28. September 2019 huet d’Ophelia är léif sympathesch Famill vergréissert an den 21. Oktober 2023 koum dunn d’Mélina dozou.


freier ...


haut ...

Säit Januar 2024 bass du de Bandleader vun Opus eppes an di 70.
Du hues d’Decisioun getraff, méi fir déng Famill do ze sinn an du hues eis matgedeelt, dass du am September 2024 nit méi eise Chef kanns sinn.

Paul, ech wollt Dir haut eng leschte Kéier Merci soe fir Alles, wat s du fir eis Musik, fir eist Duerf a fir eis Gemeng geleescht hues. Du bass eng Legend. Mir wäerten dech vermëssen!

„Paul Fox, wärend de leschte 14 Joer waars du main Dirigent. Frënn bleiwe mir fir d’Liewen.“

*Am Numm vun de Musikanten a Musikantinnen aus der Useldenger Musek. Georges Boudler, Präsident Harmonie Useldeng a.s.b.l*

TEXT: MAX KOSTER

# Ofschlossconcert am Schied vun der Buerg

Den Optakt vum Ofschlossconcert 2024 huet de Kanner- a Jugendensembel am Schied vun der Buerg gespillt. Ënnert der Leedung vun hirer Dirigentin Karin Pick hu si „Ring Of Honor, The Wellerman, Firework & The Final Countdown" dem Publikum virgedroen.

Dësen Ofschlossconcert op der Plaz „Tit Schroeder" zu Useldeng, hannert dem Centre Culturel, huet mat der Useldenger Buerg am Hannergrond fir e besonnesche Moment gesuergt.

Ee vun deene villen Highlight's war de „Böhmischer Traum", ënnert der Leedung vun eisem Trompettist a passionéierte Blosmusikant, dem Henri Steimes.

D'Zugab „Time To Say Goodbye", begleet vum Brigitte Martins, huet dem Paul Fox säi leschte Moment, no 14 Joer als Dirigent vun der Harmonie Useldeng, ofgeschloss.










Schandeler
Hämmelsmarsch
12.05.2024

TEXT: MAX KOSTER

## Hämmelsmarsch 2024

Säit der leschter Editioun vum Ripevusch stoungen erëm 4 Hämmelsmärsch an der Agenda vun der Useldenger Musek.

Mir soe jidderengem Merci, deen eis op engem vun deene 4 Kiermessen ënnerstëtzt huet, sief et finanziell oder mat engem gudde Patt oder Maufel.

Mir wënsche jidderengem eng schéi Summervakanz.



Iewerlenger
Hämmelsmarsch
26.05.2024



Hämmelsmarsch
am Pescatore
21.06



Useldenger Hämmelsmarsch
21.07 zu Useldeng

TEXT: MAX KOSTER

## Gala-Concert 2024

Ënnert der Leedung vum Karin Pick huet de Jugendorchester den Optakt vum dësjärege Gala-Concert gemaach.

Si hunn d'Stéck „The Final Count-down" presentéiert. Duerno konnte sech déi iwwert 350 Nolauschterer op ee flotten, ofwiesslungsräiche Programm freeën.

De Claude Metz huet d'Publikum duerch deen emotionalen Owend gefouert.

Niewent dem Solo „All Of Me" um Euphonium gespillt vum Gérard Schockmel, wousst hien och, beim „Liszteria", senge Bouwen hire „Spezialoptrëtt" adequat an Zeen ze setzen .

Als Zugab an emotionalen Highlight vum Owend, wousst d'Useldenger Musik, mat der Begleedung vun der Sängerin Brigitte Martins, ze iwwerzeegen.

Ouni dass de Paul Bescheed wousst, dass d'Brigitte hei matséngt, war d'Lidd „Time To Say Goodbye" méi wéi ee passenden Ofschloss fir dem Paul säi leschte Gala-Concert als Dirigent vun der Useldenger Musek.

**„... iwwert 350 Nolauschterer konnte sech op ee flotten Programm freeën..."**





Musiksdag an der Primärschoul


Réidener Museksschoul

# Musiksdag an der Primärschoul a Porte Ouverte an der Museksschoul zu Réiden

Wéi et schon eng Traditioun ginn ass, war och dëst Joer d'Harmonie Useldeng rëm an d'Primärschoul.

Freides de 7. Juni hunn si de ganzen Dag d'Schoulklassen empfaange fir hinnen d'Musek méi no ze bréngen.

D'Instrumenter goufen an 3 Gruppen opgedeelt, Blech-, Holzinstrumenter a Percussioun, Sie goufen erkläert an eppes virgespillt fir dass een sech virstelle ka wéi déi verschidden Instrumenter kléngen.

Jidderee konnt sech och d'Instrumenter ukucken, Froe stellen a souguer probéieren.

Als Ofschloss vum Dag huet um 15.00 Auer um Site vun der Schoul de Kanner- a Jugendensembel ee klenge Concert gespillt.

Den Dag duerno den 8. Juni goung et dunn zu Réiden op der Porte Ouverte an der Musekschoul weider.

Moies huet de Jugendensembel do säi Beitrag mat engem Concert gemaach.

Fir dass och do d'Kanner déi nei ufänke gesi, wéi flott et ass zesumme Musek ze maachen.

TEXT & FOTOEN: APECU, ASSOCIATION DES PARENTS D'ÉLÈVES DE LA COMMUNE D'USELDANGE

# APECU Aktivitéits-bericht

D'Schouljoer 2023-2024 ass eriwwer, an och dëst Joer war d'APECU fir d'Useldenger Schoulkanner am Asaz. Sou konnte mir de Kanner am Laf vum Joer e puer flott Saachen erméiglechen.

Et ass scho bal eng Traditioun: de Science Bus kënnt bei d'Useldenger Schoulkanner. Wärend enger Woch konnten d'Kanner u verschidden Atelieren zum Thema Weltraum deelhuelen.

Ausserdeem ware fir den C3 an den C4 Vertrieder vu BEE SECURE an der Schoul an hu mat de Kanner iwwert d'Mediennotzung geschwat. Dëst Joër gouf et awer och en Elterenowend, wou interesséiert Elteren en Abléck an d'Aarbecht vu BEE SECURE a wäertvoll Tipps kruten.

Zum Ofschloss vun hirer Grondschoulzäit hunn déi Jonk, déi elo an de Lycée ginn, een Hoodie vun der APECU geschenkt kritt. Dësen Hoodie konnte si selwer matgestalten a sech hir Wonschfaarf eraussichen.







Hoodie APECU

Op d'Schoulfest 2024 huet d'APECU den Zauberer Christian Lavey agelueden. Den Zauberer huet d'Kanner moies wärend enger Stonn verzaubert.

De ganzen Dag iwwer, bis an den Owend eran, goufen och zwee Sprangschlässer vun der APECU gestallt. Fir eise Kanner all dat kënnen ze erméiglechen organiséiert d'APECU verschidden Evenementer.

Ënner anerem ass dat de Verkaf vun eise Memberskaarten, e Stand um Chrëschtmaart, en After-School, de Catering op der Porte ouverte vun der Schoul an de Catering um Ofschloss vum Schoulfest.

D'APECU ass ëmmer op der Sich no neie Comitésmemberen a Leit, déi vun Zäit zu Zäit bereet sinn, eng Hand unzepaken.

Info

**Dir sidd interesséiert?**
Zéckt net a kontaktéiert eis.

- Email: apecu@useldeng.lu
- Facebook: Apecu Useldeng

TEXT: D'IEWERLENGER BRÉCKESTÄILER

# Duck Race 2024

Den 13. Juli haten d'Iewerlenger Bréckestäiler hiren Duck Race. Bei angeneemem Wieder sinn hei 1.200 Inten an d'Course gaangen.

Trotz Virverkaf ueschtert dat ganzt Ländchen huet et eis immens gefreet, déi dräi éischt Gewënner bei eis op der Plaz gehat ze hunn. Sou konnte si hire flotte Präis gläich mat heem huelen.

Musikalesch hate mir de Charel vu MayB2 engagéiert, dee mat senge Kënschte sécherlech vill vun eise Gäscht um Apero iwwerrascht huet. Mëttes war et dunn un der Harmonie Useldeng zesumme mat der Jugendmusik, ënnert der Leedung vum Karin Pick, déi eis mat flotte Stécker musikalesch verwinnt hunn. Well et eis als IBS haaptsächlech drëms geet, eppes fir d'Leit a virun allem fir d'Kanner ze maachen, hate mir nieft Spillereien, Glitzertattoos, Inteféschen, Sandkaul, Bobby Cars, och nach e grousst Sprangschlass a Form vun, a wéi kann et net anescht sinn, natierlech enger Int.

A well nom Duck Race bekanntlech virum Duck Race ass, dierft dir iech elo schonn den 12. Juli 2025 fett an de Kalenner androen.









TEXT: BEN LOUIS

# Déi véiert Editioun vun der Schandeler Kiermes

De 25. a 27. Mee haten d'Schandeler Duerffrënn op der Duerfplaz déi véiert Editioun vun hirer Kiermes organiséiert.

D'Wieder hat dëse Weekend nawell gutt matgespillt an enger gelongener Kiermes stoung a sech näischt am Wee. Déi Käercher Jeeër hate fir d'Iesse gesuergt, vum Wëllschwäinswupp, der Fritt bis hin zu enger Wafel war alles dobäi.

Eisen treie Forain koum mat Fëscher- a Schéissbud.


D'Schandeler Duerffrënn hunn e risegt Sprangschlass zur Verfügung gestallt a fir d'Gedrénks gesuergt.



Esou koum et zu engem flotte Weekend, deen am kommende Joer no enger Widderhuelung rifft.



# Vu Fréier



Farblithographie Heinrich Vogeler (1872–1942), um 1909; publ.: Jugend Jg1909/1 - Seite 405.

TEXT: GINETTE NIERENHAUSEN

# Katrin Theis: en „Useldinger Meedchen“ an de Laberente vun der Hexejuegd

**Am September 1624 stierft d’Katrin Theis am Prisong vum Useldinger Schlass un de Suite vun der Folter, déi si am Zesummenhank mat hirem Hexeprozess ze erleiden hat.**

Wie war déi Fra, déi bis zum Schluss hir Onschold virum Hougeriicht mat couragéierter Verzweiflung verteidegt huet? Wouduerch hat si et sech esou mat Alle verduerwen, dass et iwwerhaapt zu dëser Uklo koum? Vill Konkretes ass nit iwwer si gewosst.

Déi „kleng Leit“ waren zu där Zäit fir d’Chroniker nit vu Bedeitung. Ëmmerhin erlaabt eis deen akkurate Rapport, deen den deemolege Geriichtsschreiwer Franz Adami vun de Sëtzunge verfaasst hat, dat eent oder anert iwwer d’Katrin an d’Duerfleit gewuer ze ginn.

400 Joer duerno bleift awer Villes am Beräich vun der Spekulatioun. Vun eiser Protagonistin kann allerhéchstens e reng subjektive Portrait zesummegestallt ginn.

## E Bléck op d’Duerf am Joer 1624

Uselding ass eent vun den ongeféier 25 territoriale Besëtztëmer am Herrschaftsgebitt „Unselding“ dat de Markgrofe vu Baden zënter 1492 gehéiert. De Grof residéiert um Schlass - wann en dann iwwerhaapt eemol do ass. D’Amtsgeschäfter léisst hie vu sengem Vertrieder, dem Amtmann Sebastian Thynner, Här vun Huelmes, féieren.

D’Duerf zielt eppes méi wéi 40 Stéit vun deenen déi meescht kleng Bauere mat dräi, véier Kéi an och emol e puer Päerd sinn. Eenzelner sinn Handwierker ewéi Schouster, Schmatt, Léngewiewer oder Kouhierten. Si wunne gréisstendeels op der lénker Säit vun der Atert ëm dat am 12. Joerhonnert vun de Benediktermönchen aus dem burgundesche Molesme gegrënnte Priorat. Nodeem déi franséisch Pater sech scho laang zeréckgezunn haten, ass d’Klouschter am Laf vun der Zäit zimmlech verkomm an d’Lännereie gi vun de Jesuitten, déi elo do Här a Meeschter sinn, just als lukrativ Einnahmequell genotzt.

An der aler Duerfkierch St. Péiter, déi um Schlassbierg ausserhalb vun der Schlassmauer läit, ass de Paschtouer Franz Branntwein fir d’Séilenheel vun de Parkanner zoustänneg. Hie mécht anscheinend sengem Numm all Éier an hëllt et doriwer eraus och mam sechste Gebot nit esou genee. Mee och wann hien e méi wéi dubiose Charakter ass, dann huet en op d’mannst de Verdéngscht, de Gebrauch vu Kierchebicher anzeféieren an domat scho fréi eng Dokumentatioun iwwer Gebuerten, Hochzäiten a Stierffäll am Duerf fir d’Nowelt ze hannerleeën.

## E Meedchen dat aus der Rei danzt

D’Katrin gëtt just ënner dem Familljennumm vu sengem Mann genannt. Et ass gewosst, dass et mat engem Theis bestuet war an d’Koppel och e puer Kanner hat. An alen Dokumenter daucht de Numm „Theis“ zu där Zäit e puermol op mat verschiddene Virnimm: „Clas“ oder och „Dietrich“. Ass dat eng an déi selwecht Persoun, ass hire

Mann, de Schwéierpapp oder soss een? Dat ka leider nit mat Sécherheet beluecht ginn. Wien a wat dem Katrin seng Eltere sinn ass och nit bekannt. Hatt huet op mannst eng Schwëster, well en Zeien ernimmt viru Geriicht seng Schwéiermamm, als leiflech Schwëster vun der Verdächtegen.

Dass d'Katrin gewëtzt genuch war, op enger Stee d'Recht ze ergatteren fir den Zéngt bei den Duerfbewunner opzehiewen, huet sécherlech nit jidderengem gefall.

Déi deemoleg Steier, déi dem Grof zoustoung, huet déi arem Leit elle gedréckt a wie profitéiert huet, fir selwer eppes dovun anzekasséieren, huet sech iwwer déi aner gestallt a war kee vun hinnen méi.

Scho fréi huet dat duerchdriwwent a liichtfankegt Meedchen esou munch Duerfleit géint sech opbruecht. Am Prozess behaapten se, si hätten sech méi e wéi eemol bei sengen Elteren iwwer dem Trin oder Tréin, wéi d'Katrin geruff gëtt, seng Opfouer beschwéiert. Säi muttwëllegt a schaussegt Wiesen – wéi et schéngt huet et gär gedanzt a gegeckst – veriergert d'Leit: dat gehéiert sech nit, a scho guer nit fir eng Fra.

Et ass duerchaus unzehuelen, dass d'Trin eng gewësse Wierkung op d'Männer huet an hier erotesch Fantasien ugereegt huet. Dat war jo natierlech eng Sënd a wollt keen sech agestoen. Duerfir konnt dat nëmme bedeiten, dass d'Trin eng Hex ass. Hatt ass mam Däiwel am Bond, deen nëmmen drop aus ass, si se verdierwen a fir éiweg an déi déifsten Hell ze schécken.

E weidere Grond, wéisou besonnesch d'Fraen et nit konnte leiden.

Aus den Aussoe vun den Zeien souwuel wéi och aus sengem eegene Verhéier, kann erausgelies ginn, dass d'Trin eng resolut Persoun mat engem nawell hëtzegen Temperament ass.

Et léisst sech näischt vu kengem bidden a baupst direkt zréck, wann him eppes nit passt. Dobäi hëlt et kee Blat virun de Mond an zéckt och nit, dem Här an de Frack ze gräifen.

## Eng „persona non grata“ op der Uklobänk

Wéi d'Katrin bei der Duerfobrégkeet uneckt – sief et duerch säin anscheinend onmoralescht Behuelen oder seng kéng Aart a Weis – ass et fir et geschitt. Op Uklo vum Amtsmann Thynner gëtt wéint Zauberei géint et ermëttelt.

No der Unhéierung vun e sëllechen Duerfleit, déi als Zeien zitéiert ginn, gëtt et selwer e puermol verhéiert. Well och no zweemoleger Folter kee Geständnes aus der resistenter Persoun erauszepressen ass, kann d'Katrin zwar nit zum Dout duerch d'Feier veruurteelt ginn, mee et gëtt trotzdeem schëlleg gesprach.

Mat Rudde soll et aus dem Useldinger Bann eraus gedriwwe ginn.

Seng Strof trëtt et awer nie un: wann och d'Folter säi Geescht nit brieche konnt, sou huet awer säi Kierper der Tortur nit widderstan.

## An haut?

400 Joer no dësem ominéise Prozess wier et vermessen, fir mat eisen haitege Krittären iwwer d'Leit vun deemools ze befannen. Si hate wuel ënnerschiddlech a sécherlech nit ëmmer reng chrëschtlech Motivatioune fir géint d'Katrin Theis ze schwätzen.

Mee et muss och beduecht ginn, dass si Affer vun engem vun Awerglawen an Angscht virun éiweger Verdaamnes geprägten Zäitgeescht waren. Well si keng rationell Erklärung hate fir eng Partie Phänomener, ënner anerem Krankheete vu Mënsch a Véi, hu si effektiv geméngt, dass do misst Zauberei am Spill sinn.

Wie sech erlaabt hätt, d'Katrin ze verdeedegen, hätt sech selwer opfälleg gemeet a riskéiert sengersäits der Matschold ugeklot ze ginn. Mam Fanger op eng onbeléifte Persoun ze weise war dat beschte Mëttel nit selwer an d'Kräizfeier ze geroden.

Haut fällt et eis Gottseidank nit méi an, Leit déi eis nit passe kierperlech ze folteren oder esouguer lieweg ze verbrennen.

Mee, doriwwer eraus sollte mir eis d'Fro stellen, ob mir wierklech esou vill besser si wéi d'Leit deemools?

*Ginette Nierenhausen, en Useldinger Meedchen, dat frou ass, a méi engem opgekläerten Zäitalter opgewuess ze sinn!*

FOTOEN: CAROLINE MARTIN

# Weekend vum Wëlle Westen





Den 29. an 30. Juni war et erëm esou wäit!

Den TouristInfo vum Kanton Réiden huet op hiert touristescht Fest fir Grouss a Kleng invitéiert. Dëst Joer huet de Weekend vum Wëlle Westen zu Useldeng stattfonnt, samschdes op der Buerg a sonndes mat engem Quiz-Rallye ronderëm d'Duerf.



Begleet vun der Museksschoul Kanton Réiden, ënnert Moderatioun vum Christian Schmit, a mat grousser Ënnerstëtzung vun de Kultur- a Buergfrënn gouf de Weekend vu sëllege Politiker/innen an Éieregäscht ageleet.

Fir Animatioun, Iessen a Gedrénks a Spill a Spaass war iwwert de ganze Samschdeg gesuergt.

Am Buerg- an am Millenhaff konnten d'Visiteuren eng ganz Panoplie u Stänn aus der Regioun bewonneren a bei Aktivitéite matmaachen. Vu Ritterschëlder a Schwäerter bemolen, iwwer Alpakaen heemelen, Kraider erëmfanne bis hin zum Schiferatelier a Facepainting; eng gutt Zäit fir déi ganz Famill war garantéiert! Niewebäi war natierlech och fir musekalesch Begleedung gesuergt mat Hëllef vun Djembé, der Lou Tennant & Band, den Troubadours d'Aliénor a Powerblech.



Highlight dëst Joer ware gratis Visitte fir Kanner an Erwuessener vun der Useldenger Buerg, d'Präsenz vun der inspiréierender Dollarmatti, wéi och d'Begleedung um Wiichtelcherswee mam Potty Lotty.



Den TouristInfo Wëlle Weste seet all den touristesche Partner a Veräiner e grousse Merci, déi zum Succès vun dësem Event bäigedroen hunn! Vue dass de Weekend vum Wëlle Westen all Joer op engem aneren touristesche Sitte stattfënnt rode mir iech un: stay tuned!





TEXT: KARSTEN KUEPPER / FOTOEN: CHAREL REISER

# Pakt vum Zesummeliewen

De 26. Juni huet d'Gemeng Useldeng, zesumme mat den anere Gemenge vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg, a Präsenz vum Minister Max Hahn, den neie Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ënnerschriwwen.

D'Iddi vum Gemengepakt ass, baséiert op engem partizipative Prozess mat der Ënnerstëtzung vum Familljeministère um kommunalen a kantonalen Niveau Ziler a Moossnamen ze identifizéieren an ëmzesetze fir d'Zesummeliewe weider ze verbesseren.






Virun allem geet et ëm Promotioun vum Zougang zu Informatioun fir all Bierger, ëm Biergerbedeelegung an och d'Veräinsliewen. Dernieft soll de Pakt den Dialog, den interkulturellen Austausch an d'géigesäitegt Verständnis tëscht allen Awunner vun der Gemeng fërderen.

Bei dëser Geleeënheet gouf och den neie Biergerguide presentéiert. Dësen ass elo op der Gemeng verfügbar an ass geduecht, fir mat sengen Informatiounen iwwert eis Infrastruktur all nei Awunner ze hëllefe séier de Wee ronderëm ze fannen.

De Gemengepakt baséiert op dem Pilotprojet vum "Pakt vum Zesummeliewen", un deem mir och schonn am Kader vum Kanton Réiden deelgeholl hunn. Eise Buergermeeschter, de Pollo Bodem, ass de politesche Responsabele fir de Service Vivre Ensemble vum Kanton, deen den neie Pakt soll realiséieren.






# 39. Generalversammlung vun Natur & Ëmwelt - Sektioun Kanton Réiden

Viru kuerzem hat déi Réidener Sektioun vun Natur an Ëmwelt hir Generalversammlung zu Biekerech „op der Millen". De President Romain Kleer huet d'Leit begréisst, ënnert hinnen den 1. Schäffe Claude Loutsch vun der Gemeng Biekerech, als Vertrieder vum Buergermeeschter Thierry Lagoda, deen aner politesch Verpflichtungen hat.



Besonnesch erfreet war d'Sektioun iwwert d'Präsenz vum Éierepresident vun Natur an Ëmwelt, dem Tom Conzemius. De Keessjee Gérard Zoller huet d'Finanzlag vun der Sektioun presentéiert ier de Sekretär John Sowa ee Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem vergaangene Joer gemaach huet. Uschléissend gouf de Comité erneiert a verstäerkt an de Programm 2024 presentéiert: Bamplanzcours, Deelhuelen um Kropemannsfest zu Réiden an um Chrëschtmaart zu Useldeng, Ophänke vu Waassermärelskëschten un der Atert an d'Ënnerstëtzung vun der Fondatioun „Hëllef fir d'Natu" beim Opbau vun enger Dréchemauer an der „Riedergrënn" tëscht Kolpech a Kleng-Elcher.

Zanter kuerzem huet d'Sektioun och eng Facebook-Säit, déi elo lues a lues ausgebaut gëtt an et gëtt och probéiert duerch Artikelen an de Gemengenzeitunge vum Kanton méi Präsenz ze weisen an d'Leit iwwer aktuell Themen ze informéieren an ze sensibiliséieren.

No enger ganz interessanter Power-Point-Presentatioun vum Liliane Burton iwwert d'Waasservullen op den Iewerlenger Weieren am Laf vun de leschte Joren, huet de Jean Weis dunn, a Vertriedung vum Fernand Schoos, dee leider krank war, de Waassermärelskëschteprojet virgestallt.

Duerno goufen 2 Schecken iwwerreecht : 3.000€ fir CNDS a 5.000€ fir d'Fondatioun „Hëllef fir d'Natur", wouvun ca. 2.000€ am Kanton selwer investéiert ginn, well domat e Student oder eng Studentin bezuelt gëtt, déi ee Mount laang am August/September op der Säller Héicht hëlleft, den Zuchvullen dee richtege Wee an de Süden ze weisen.

De Claude Schiltz vun der Fondatioun huet och nach de Projet „Dréchemauer" virgestallt, ier de Claude Loutsch der Sektioun Merci gesot huet fir hiert Engagement. Hien huet och Detailer ginn iwwert den Naturprojet vun der Gemeng Biekerech, dee vun der Réidener Sektioun vun Natur an Ëmwelt ënnerstëtzt gëtt, als Erënnerung un de Camille Gira.

No der obligater Gruppefoto huet den Éierewäin, offréiert vun der Gemeng, d'Versammlung ofgeschloss .

No der 39. Generalversammlung setzt de Comité sech follgendermoossen zesummen: Kleer Romain, President; Braun Rudy a Fohl Gaston, Vizepresidenten; Wampach Jos, Éirepresident; Sowa John, Sekretär; Zoller Gérard, Keesjee; Braun-Kartheiser Anny, Filbig Françis, Gaspar Romain, Kleer-Dasbourg Nicole, Konsbruck-Barthelmy Brigitte, Lavandier Christian, Loutsch-Otter Monique, Martiny-Medinger Anne, Meis Freddy, Pavani Marco, Schannes-Hiery Raymond an Ingrid, Memberen a Weis Jean, Betreier vun der Sektioun.

FOTO: CHARLES REISER

# Diplomiwwerreechung vun der Musiksschoul Kanton Réiden



En Donneschden, den 11. Juli 2024 huet d'Réidener Musikschoul de Schüler aus dem Réidener Kanton hir Diplomer vum Schouljoer 2023-2024 iwwerreecht.

Mir gratuléieren all de Laureaten, besonnesch deenen aus eiser Gemeng:

- Brück Laurent,
- Kieffer Mireille,
- Liu Ze,
- Metz Léini,
- Metz Robin,
- Meyer Sheila,
- Reiffers Eric,
- Reiser Elodie,
- Ruberto Tiana Margaret,
- Schoujean Bea,
- Thill Leni

„Mir gratuléieren all de Laureaten"

# L'E-COMMISSARIAT DE LA POLICE

POLICE LËTZEBUERG

L'E-commissariat de la Police vous permet d'effectuer des **démarches** et d'adresser des **demandes** à la Police confortablement depuis votre domicile. Différents services sont à votre disposition en ligne et ainsi disponibles à toute heure.

## DÉPOSER UNE PLAINTE EN LIGNE

Pour certaines infractions, il est possible de déposer une **plainte** via l'E-commissariat. C'est notamment le cas pour les **vols d'objets** tels que des portefeuilles, sacs à main, vélos, téléphones portables, tablettes, ordinateurs, appareils photo ou autres appareils électroniques, ainsi que des bijoux.

Les conditions sont les suivantes : l'**auteur** est **inconnu, personne** n'a été **blessé,** il n'y a **pas** eu recours à la **force** et il n'y a **pas de traces matérielles exploitables.**

## PAR LE BIAIS DU E-COMMISSARIAT, VOUS POUVEZ EN OUTRE :

- Déclarer un **objet trouvé** ou **perdu** ;
- Déclarer un **dommage** que vous avez vous-même causé avec votre **véhicule** ;
- Demander un **renseignement** à la Police ou envoyer un **message** à la Police ;
- Signaler des cas de **cyber-grooming** ;
- Ou encore inscrire votre domicile au **service de prévention gratuit « Départ en vacances »,** pour que la Police puisse intégrer votre domicile dans ses patrouilles de sécurité pendant que vous êtes en vacances.

Vous trouverez l'E-commissariat sur **www.police.lu** ou en **scannant** le **code QR** ci-contre.

## NE REMPLACE PAS LE NUMÉRO D'URGENCE 113


113 URGENCE

L'E-commissariat de la Police n'est pas le bon interlocuteur pour les situations qui nécessitent une intervention immédiate de la Police.

**En cas d'urgence, de danger imminent ou de menace, composez immédiatement le numéro d'urgence de la Police 113 !**

WWW.POLICE.LU

ZESUMME FIR IECH




# Votre enfant a des difficultés scolaires ? Faites appel aux Super Senior !

## Super Senior, c'est quoi ?

Un service d'accompagnement scolaire intergénérationnel, créé par le MEC asbl où des seniors bénévoles aident les enfants des écoles fondamentales à la réalisation de leurs devoirs à domicile.

## Super Senior, ça fonctionne comment ?

Les parents, ou les enseignants s'adressent à au service Super Senior afin de demander de l'aide pour un enfant.

**Suivent alors 2 étapes :**

- Un premier rendez-vous entre les parents, l'enfant et l'association MEC asbl pour discuter des besoins de l'enfant.
- Un deuxième rendez-vous entre les parents, l'enfant, l'association MEC asbl et le senior pour une première prise de contact et l'organisation concrète de l'accompagnement scolaire.

## Super Senior, ça coûte combien ?

- L'Accompagnement scolaire est proposé sous la forme de séries de 10 séances.
- Une séance coûte 10 euros pour un tarif normal et 5 euros pour le tarif réduit (personnes bénéficiant d'une aide sociale).



## Super Senior, qui contacter ?

- Le MEC asbl par email à **info@mecasbl.lu**, ou par téléphone au **26.72.00.35**.
- Merci de préciser votre nom, prénom, le cycle d'études dans lequel se trouve votre enfant, la difficulté rencontrée, votre adresse et un numéro de téléphone.

> « Nous avons fortement apprécié l'aide de Françoise en faveur de Marco qui fut très précieuse pour son développement personnel et ses compétences.
>
> Un papa

MEC asbl – mouvement pour l'égalité des chances … pour tous!

FINALIST RURAL INSPIRATION AWARDS 2021

> « On remarque que le travail que vous faites avec Ernest porte ses fruits.
>
> Enseignante Strassen

Sous le Haut Patronage du :

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région






# Réouverture après transformation chez Peinture Kauthen à Useldange

Peintures Robin est ravi d'annoncer le succès des portes ouvertes organisées samedi le 9 juin par Peinture Kauthen, notre partenaire à Useldange. L'événement a célébré la réouverture du showroom de notre partenaire après sa rénovation.
Il a attiré de nombreux visiteurs de la région venus découvrir, à cette occasion, nos produits de haute qualité et échanger avec des professionnels de la décoration.

La manifestation fut l'occasion de souligner notre engagement envers la production de peintures écologiques. La collection «Art de la Nature», disponible en 151 teintes, a été particulièrement bien reçue, démontrant que qualité et respect de l'environnement peuvent aller de pair.

Créée en 1927, Peintures Robin couvre les besoins des professionnels et des particuliers.

Grâce à ses showrooms et à son réseau de partenaires, l'entreprise offre une prise en charge complète de tout projet comprenant des conseils personnalisés et une vaste gamme de produits de décoration.

Nous tenons à remercier tous les visiteurs pour leur participation enthousiaste, ainsi que notre partenaire Peinture Kauthen pour l'organisation impeccable de cet événement.

**Visitez le nouveau showroom de Peinture Kauthen:**
**11, rue de Boevange**
**L-8707 Useldange**

Retrouvez l'ensemble de nos partenaires magasins et showrooms dans la section «Notre Réseau» sur notre site web. Pour plus d'informations, visitez notre site web **www.robin.lu**.

**Distribution d'Eau des Ardennes**

**18, rue de Schandel**
**L-8707 USELDANGE**

## Qualité de l'eau potable fournie à la commune d'Useldange 2024 zone I

Pour la localité d'Useldange

***Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:***

| | |
|---|---|
| pH : | 8,0 |
| dureté carbonatée : | 8,7°dH |
| dureté totale : | 13,7°dH |
| conductivité : | 435 µS/cm |
| sodium : | 5,6 mg/L |
| calcium : | 74,2 mg/L |
| chlorures : | 14,3 mg/L |
| sulfates : | 72,2 mg/L |
| nitrates : | 16,2 mg/L |
| fer : | <20 µg/L |
| TOC : | <1 mg/L |

***Informations sur la dureté carbonatée :***

Selon la législation allemande « Wasch- und Reinigungsmittelgesetz 2007 » la dureté est classée comme « mittel ». La DEA ne recommande pas l'installation de station de traitement d'eau potable (décalcification).

***Recommandations pour les matériaux de l'installation :***

Selon l'étude du BWL et conforment aux normes DIN50930-6 et EN 12502 :

L'utilisation des pièces en fer galvanisé ou en acier non-allié n'est pas recommandée.
Tous les autres matériaux courants dans l'installation notamment le cuivre, l'alliage cuivreux, l'acier inoxydable et la fonte ductile peuvent être utilisés sans restriction.

***Informations concernant le chlore libre :***

La DEA effectue une désinfection préventive à base d'hypochlorite de soude. La concentration du chlore libre dépend de la situation locale et démontre une variation importante.

***Informations sur la consommation pour les nourrissons :***

Concernant les nitrates, l'eau fournie par la DEA correspond au RGD (<50 mg/L). Pour les nourrissons (<4 mois) l'ébullition de l'eau avant l'usage est toujours recommandée. Il suffit de faire bouillir l'eau quelques secondes et de la laisser refroidir par la suite.

***Informations supplémentaires :***

Pour toutes informations supplémentaires, veuillez contacter le service de qualité de la DEA.

Useldange, le 14 juillet 2024
Communiqué par le service de qualité

# Distribution d'Eau des Ardennes

18, rue de Schandel
L-8707 USELDANGE

## Qualité de l'eau potable fournie à la commune d'Useldange 2024 zone II

Pour les localités: Everlange, Rippweiler et Schandel

***Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:***

| | |
|---|---|
| pH : | 7,6 |
| dureté carbonatée : | 11°dH |
| dureté totale : | 14,2°dH |
| conductivité : | 471,4 µS/cm |
| sodium : | 8,9 mg/L |
| calcium : | 93.6 mg/L |
| chlorures : | 23.2 mg/L |
| sulfates : | 33.2 mg/L |
| nitrates : | 17.5 mg/L |
| fer : | <20 µg/L |
| TOC : | <1 mg/L |

***Informations sur la dureté carbonatée :***

Selon la législation allemande « Wasch- und Reinigungsmittelgesetz 2007 » la dureté est classée comme « mittel ». La DEA ne recommande pas l'installation de station de traitement d'eau potable (décalcification).

***Recommandations pour les matériaux de l'installation :***

Selon l'étude du BWL et conforment aux normes DIN50930-6 et EN 12502 :

L'utilisation des pièces en fer galvanisé ou en acier non-allié n'est pas recommandée.
Tous les autres matériaux courants dans l'installation notamment le cuivre, l'alliage cuivreux, l'acier inoxydable et la fonte ductile peuvent être utilisés sans restriction.

***Informations concernant le chlore libre :***

La DEA effectue une désinfection préventive à base d'hypochlorite de soude. La concentration du chlore libre dépend de la situation locale et démontre une variation importante.

***Informations sur la consommation pour les nourrissons :***

Concernant les nitrates, l'eau fournie par la DEA correspond au RGD (<50 mg/L). Pour les nourrissons (<4 mois) l'ébullition de l'eau avant l'usage est toujours recommandée. Il suffit de faire bouillir l'eau quelques secondes et de la laisser refroidir par la suite.

***Informations supplémentaires :***

Pour toutes informations supplémentaires, veuillez contacter le service de qualité de la DEA.

Useldange, le 14 juillet 2024
Communiqué par le service de qualité

# Save the date

## September

### 07.09 + 08.09
**Trakterstreffen**
- ▸ Useldeng<br>Centre Culturel & Oekoparking
- ▸ Ferguson Club

### 12.09 — DO
**Porte-Ouverte**
- ▸ Useldeng<br>Buvette Sportshal
- ▸ Senioreforum

### 22.09 — SO
**Vëlosbrunch**
- ▸ Useldeng<br>Centre Culturel
- ▸ Kanton Réiden

### 24.09 — DË
**Senioreniessen**
- ▸ Useldeng<br>Buvette Sportshal
- ▸ Senioreforum

### 25.09 — MË
**Blues Concert: Gerry Hundt Trio (Tom Lehnert, Renaud Lesire, Gerry Hundt (US))**
- ▸ Useldeng<br>ManuKultura
- ▸ Kultur a Buergfrënn



# Oktober

## 06.10 — SO
**Défilé Senioreforum**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Senioreforum

## 10.10 — DO
**Porte-Ouverte**
- Réiden
  HPPA
- Senioreforum

## 10.10 — DO
**Generalversammlung APECU**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- APECU

## 13.10 — SO
**Journée Commémorative**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Comité du souvenir / Gemeng

## 17.10 – 20.10
**400 Joer Hexeprozess zu Useldeng mat Ausstellung**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Amis du prieuré / Kultur a Buergfrënn

## 27.10 — SO
**Familljefest**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Kierch am Duerf

## 29.10 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Restaurant *Um Wier*
- Senioreforum

*D'APECU INVITÉIERT OP HIER*

**GENERAL VERSAMMLUNG**

10. OKTOBER **2024**

20:00

**AN DER BUVETTE BEI DER SCHOUL**

D'APECU ass ëmmer op der Sich no neie Comitésmemberen a Leit déi, vun Zäit zu Zäit, bereet sinn eng Hand unzepaken. Dir sidd interesséiert?

Zéckt net a kontaktéiert eis per Email (apecu@useldeng.lu) oder iwwert eis Facebooksäit „Apecu Useldeng".




# Een Hexeprozess zu Useldeng

### 400 Joer méi spéit...

De Programm zum Thema Hexen an Henker

## 17. - 20. Oktober 2024
Centre Culturel Useldeng

## Programm

**DONNESCHDEG, DE 17.10**
16H00
Kannerfrëndlech Visitt vun der Buerg mam Katrin Theis sengem Zauberdronk*
*Dauer 1H30 - fir Kanner ab 6 Joer - Treffpunkt: TouristInfo Wëlle Westen*
*10€ p. P.*

**DONNESCHDEG, DE 17.10**
19H30
Konferenz vun der Madamm Nicole Brix*
Krötenschleim und Spinnenbein
Der Mythos „Hexen": Echte Magie oder Aberglaube?
*Entrée ass fräi*

**FREIDEG, DE 18.10**
20H15
Konferenz vum Här Jean-Claude Muller*
Thema: Eng "Hex" am Duerf viru 400 Joer – den Useldenger Prozess géint d'Theis Trein als Text a sengem Kontext
*Entrée ass fräi*

**SAMSCHDEG, DE 19.10**
14H00-23H00
Ausstellung zum Thema Hexen an Henker
*mam Henker Schächtle vu Konstanz a senger Fra*
*Entrée ass fräi*

**SAMSCHDEG, DE 19.10**
Opféierung vum Hexeprozess vum Katrin Theis am Joer 1624*

19H00
Offiziell Ouverture

19H30
Theater inspiréiert un engem Theaterstéck vum Här Jemp Schuster, an dem originale Prozessakt
*duerno "dem Henker säi Menü": Fierkelshämmchen am Deeg od. een ½ Poulet od. Veggieplat an hir Begleeder*
*Entrée: 50€ ouni Gedrénks*

**SONNDEG, DE 20.10**
14H00-17H00
Ausstellung zum Thema Hexen an Henker
*mam Henker Schächtle vu Konstanz a senger Fra*
*Entrée ass fräi*

**SONNDEG, DE 20.10**
17H00
Matinée - 2. Opféierung vum Theaterstéck iwwer den Useldenger Hexeprozess*
*Entrée: 15€ / Studenten: 5€*

*Umeldung bis de 4. Oktober
mail: buerg@useldeng.lu
Tel: 23 63 00 51 29

# November

### 09.11 — SA
**Swinging Castle**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Northern Bigband / Club des Jeunes

### 09.11 — SA
**Repair Café 2024**
- Préizerdaul
- Kanton Réiden


Cabaret Batter Séiss

### 11.11 — MÉ
**Opstellen vum Manifestatiounskalenner a**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Kultur a Buergfrënn

### 14.11 — DË
**Porte-Ouverte**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 16.11 — SA
**Cabaret Batter Séiss**
- Useldeng
  ManuKultura
- Kultur a Buergfrënn

### 16.11 — SA
**Kiermesmass**
- Rippweiler
- Chorale Rippweiler

### 17.11 — SO
**Rippweiler Kiermes**
- Rippweiler
- Chorale Rippweiler

### 17.11 — SO
**Hobbymaart**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Ferguson Club

### 23.11 — SA
**Kniddelowend**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Club des Jeunes Useldeng

### 26.11 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

# Dezember

### 01.12 — SO
**Chrëschtmaart**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Harmonie Useldeng

### 05.12 — DO
**Niklosfeier**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 06.12 + 07.12
**Chrëschtdag op der Buerg**
- Useldeng
- Kultur a Buergfrënn

### 12.12 — DO
**Chrëschtfeier**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 14.12 — SA
**Adventsconcert / 16h00**
- Iewerleng
  Kierch
- Chorale Gemeng Useldeng

### 21.12 — SA
**Wanterconcert**
- Useldeng
  Kierch
- Harmonie Useldeng

# Telefonsbuch

### Gemeng Useldeng
Tél.: 23 63 00 51-1

### Populatioun
- Tom Lehnert
  Tél.: 23 63 00 51-24
  tom.lehnert@useldeng.lu
  Mar : 13h > 19h
  Lun / mer / jeu / ven: 8h > 12h

### Sekretariat
- Marco Versall
  Tél.: 23 63 00 51-60
  marco.versall@useldeng.lu
- Daniel Philippe
  Tél.: 23 63 00 51-26
  daniel.philippe@useldeng.lu
- Bob Waltzing
  Tél.: 23 63 00 51-25
  bob.waltzing@useldeng.lu

### Recette communale
- Tessy Anen
  Tél.: 23 63 00 51-23
  tessy.anen@useldeng.lu

### Service technique
- Marc Ferber
  Tél.: 23 63 00 51-22
  marc.ferber@useldeng.lu
- Luca Denelle
  Tél.: 23 63 00 51-27
  luca.denelle@useldeng.lu

### Relations publiques
- Jil Peiffer
  Tél.: 23 63 00 51-61
  jil.peiffer@useldeng.lu

### Gemengenatelier
- Jean-Claude Ferber
  Tél.: 621 350 920
  jean-claude.ferber@useldeng.lu

### Schoulkomplex & Sportshal
- Jérôme Heirendt
  Tél.: 621 350 921
  jerome.heirendt@useldeng.lu

### Primärschoul
Tél.: 26 61 14-1

### Maison Relais
Tél.: 26 61 14-50 / 621 350 927
maison.relais@useldeng.lu

### Fierschter
- Mike Van Rijen
  Tél.: 24 75 67 33 / 621 202 199
  mike.van-rijen@anf.etat.lu

KANTON RÉIDEN

### Mobilité
Tél.: 28334-040

### Logement (Haus Care)
Tél.: 28334-120

### Vivre Ensemble
Tél.: 28334-210

### Environnement - Conseil énergie
Tél.: 28334-4

### Environnement - Primes électroménagers
Tél.: 28334-430

### Tourisme
Tél.: 28334-5

### Registre national des personnes physiques (RNPP) / Myguichet.lu
Tél.: 24 78 20 00

### Chèque Service
Tél.: 80 02 11 12

### Office Social du Canton de Redange (OS CARE)
Tél.: 26 62 10 55-1

### Centre paroissial
Fir Begriefnisser:
Tél.: 621 686 102

### SIDEC Réiden
Tél.: 26 62 09 13

### SIDEC Fridhaff
Tél.: 80 81 63

### Maison de l'eau de l'Attert a.s.b.l.
Tél.: 26 62 08 08

### Home pour personnes agées St. François Redange
Tél.: 27 13 40 00

### Mobilitéit.lu
Tél.: 24 65 24 65

### Police
Tél.: 113

### Police Réiden
Tél.: 24 49 21 000

### Pompiers/Ambulance
Tél.: 112

GEMENG
USELDENG

www.useldeng.lu